M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Ech ginn dovun aus, dass mer se an d'Conférence des Présidents ginn. Do kënne mer dann iwwert dee weidere Wee diskutéieren.

Sidd Der domat d'accord?

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen: de Projet de loi 7047. De Projet de loi handelt iwwer eist Waasser. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An de Rapporteur vum Projet ass och scho prett. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

4. 7047 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Gérard Anzia *(déi gréng), rapporteur.-* Merci, Här President. Haut hu mir jo grad déi richteg Meteo dobaussen, fir zu dësem Thema, d'Waassergesetz, ze schwätzen. No laange Woche vun Dréchent ass et och deem Leschten, mengen ech, zu Lëtzebuerg kloer ginn, dass d'Waasser ganz kloer d'Grondlag fir d'Liewen hei op der Äerd ass, dass d'Waasser eist wichtegst Liewensmëttel ass an dass d'Waasser muss geschützt ginn.

De Projet de loi 7047, genannt Waassergesetz, deen d'Waassergesetz ofännert vun 2008, huet 38 Artikelen. Et ass e ganz technescht Gesetz, wat ech awer probéieren, esou einfach wéi nëmme méiglech hei als Rapporteur duerzestellen.

Et geet ëm dräi Voleten, eng Kéier ëm d'Drénkwaasser, a virun allem d'Drénkwaasserschutzzonen an d'Ausweisung vun deenen, dären 80 Stéck am Ganze wäerte fir Lëtzebuerg ausgewise ginn. Et geet awer och ganz kloer ëm Ofwaasser, ëm Reewaasser, ëm Kläranlagen, vun deene mer nach eng iwwer honnert mechanescher hei zu Lëtzebuerg hunn, an déi sollen u sech ersat ginn duerch nei, an déi 90 biologesch Kläranlagen.

Et geet an engem drëtte Volet awer och ëm Héichwaasserschutz, ëm Renaturéierung. Ech mengen, de Klimawandel d'lescht Joer, dat war am Juli 2016, Dir hutt alleguerten nach déi Biller virun Aen, déi Biller aus der Fiels a vun Noumer an aus där Géigend do, wou mer u sech gemierkt hunn, dass mer deene Staarkreenphenomeener, déi méi dacks wäerte kommen, e bëssen hëlleflos ausgesat sinn. An duerfir musse mer verstäerkt op Renaturéierunge setzen an op Héichwaasserschutz. Mir mussen also Retentiounsfläche schafen. An dat kënnt och der Biodiversitéit zegutt.

Ech ginn elo méi op dat Parlamentarescht an oder déi Aarbecht, déi mer gemaach hunn an der Chamberskommissioun. Den Depot vun dësem Gesetz ass den 31. August d'lescht Joer gemaach ginn. De Conseil d'État huet säin Avis dozou ofginn de 7. Februar 2017. D'Chambre des Métiers huet hiren ofginn den 21. Oktober, d'Chambre de Commerce de 17. Januar 2017, d'Chambre d'Agriculture den 23. Februar dëst Joer. Weider Avise sinn erakomm, an zwar vum OAI den 9. Dezember 2016, der ALUSEAU den 12. Dezember 2016, dem Syvicol den 19. Dezember 2016, an dann hu mer de SIDEN an de SIDERO jeeweils mat engem Avis de 16. Januar an de 6. Februar vun dësem Joer.

Mir haten insgesamt aacht Reuniounen an der Ëmweltkommissioun, fir iwwert dëse Projet de loi ze schwätzen. An de 15. September sinn ech selwer do zum Rapporteur vun dësem Gesetzestext ernannt ginn. Déi aner Reunioune waren net 2016, mä 2017 nom Avis vum Statsrot, den 1. Mäerz, 8. Mäerz, 15. Mäerz, 29. Mäerz a 5. Abrëll, wou mer déi Artikele vum Projet de loi analyséiert hunn an och den Avis vum Statsrot. An do sinn eng Serie Amendementer adoptéiert ginn, an dat war de 6. Abrëll 2017. Den Avis complémentaire vum Statsrot hate mer den 23. Mee 2017 virleien. An och deen Avis ass ënnersicht ginn, an zwar den 31. Mee. A schlussendlech hu mer an enger leschter Reunioun, de 14. Juni, dëse Rapport hei ugeholl.

Ëm wat geet et an dësem Projet de loi?

Ech hat et am Ufank scho gesot. Et geet drëm, ënner anerem, fir d'Prozedur fir d'Definitioun vun de Zones de protection des ressources d'eau, also d'Drénkwaasserschutzgebidder, fir déi Prozedur ze adaptéieren, ze clarifiéieren. Et geet drëm, verschidden Obligatiounen, déi am Gesetzestext stoungen, déi sech als superfétatoire erausgeschielt hunn, fir déi u sech och ofzeschafen. Ënner anerem sief do genannt de Cycle urbain de l'eau, de Plan national vum Cycle urbain de l'eau, deen ze erstelle war.

Dann ass et esou, dass eng Reorientatioun vun de staatleche Subsiden aus dem Waasserfong an dëse Projet de loi agefloss ass. Zu deem kommen ech méi zum Schluss. A mir hunn och verschiddene Bemierkunge vun der Europäescher Kommissioun Rechnung gedroen, wat d'Ëmsetzung ugaangen ass vun den Direktiven 2060 respektiv 2067 ebe betreffend d'Gestioun vun de Risikoe vun Héichwaasser.

Et geet an dësem Projet de loi dorëm, méi Akteure mat ze bedeelegen un deene verschiddene Prozesser, wat d'Waasser ugeet. Do denken ech un d'Waasserramenrichtlinn, un den Héichwaassermanagementplang, awer och un d'Drénkwaasserschutzgebidder.

An déi Ureegungen, déi komm sinn, souwuel vum Conseil d'État a sengem Avis respektiv vun de Chambres professionnelles an aneren Intervenanten, sinn agefloss eben an eng Serie Amendementer. An déi sinn dann en gros folgend: Et kënnt niewent deenen dräi besteeënde Secteuren e véierte Secteur Horeca bäi, an dat betreffend eben d'Tarifikatioun vum Waasser.

Dann ass et esou, dass mer eng Reorientatioun fonnt hunn, fir d'Déclaration obligatoire par règlement grand-ducal souwuel vun dem Programme de mesures an äänleche Moossname festzeleeën. Dorop kommen ech méi spéit nach eng Kéier zréck.

An dann: D'Kritäre fir d'Subsiden, déi bei deene Mesuren ze kréie sinn, déi sinn eben och nei fixéiert ginn.

A schlussendlech war et esou, dass an deem éischte Projet de loi virgesi war, no engem gewëssenen Delai, wa keen Avis vum Conseil d'État (veuillez lire: Conseil communal) virlouch, zum Beispill zu den Drénkwaasserschutzgebidder oder zur Waasserramenrichtlinn an esou weider, fir u sech e Passer outre ze maache vun deem Avis vum Conseil communal. An do ass dovun ofgesi ginn.

Ech ginn awer méi präzis op déi verschidden Avisen hei an.

Den Avis vum Statsrot: Bon, fir d'Éischt eng Kéier, den Avis vum Statsrot vum 7. Februar 2017 huet erëm eng Kéier opgeworf déi Iwwerleeunge sengersäits, fir d'Zones de protection, bei Drénkwaasserschutzgebidder, an zwar d'Zones de protection rapprochée, dat sinn d'Zonen 2, fir u sech erëm eng Kéier unzestoussen, ob een net soll iwwerleeën, fir déi d'utilité publique ze erklären.

Ech kann awer elo scho virausschécken, dass d'Kommissioun deem net nokomm ass, vu dass déi Envergure eben eng grouss ass. Dat muss ee wëssen, dass déi Drénkwaasserschutzgebidder insgesamt zirka 10% vun der Landesfläch ausmaachen, dovun d'Halschent awer dann an de Bëscher leien, an dass awer e groussen Deel, à voir, wéi déi Projeten ausgesinn, an der Zon 2 leien, an duerfir hu mer dovun ofgesinn.

Duerno ass gesot ginn, dat war an deem éischte Projet de loi virgesinn, fir zousätzlech Secteure kënnen ze schafen. De Statsrot sot: „Da musst Dir dat präziséieren, wat déi zousätzlech Secteure si bei der Tarification de l'eau!" An dat ass och duerno gemaach gi mat deem virgenannte Secteur Horeca.

Dann d'Opposition formelle hat ech schonn ugedeit, fir u sech de Passer outre vum Avis vun enger Gemeng ze maachen, wann déi ëm en Avis gefrot gëtt, och wann deen hors Délai wier. An da waren d'Reserven och vum Statsrot do, fir déi Mesuren, déi Subventionéierunge fir zum Beispill Renaturéierung, fir Héichwaasserschutzmoossnamen auszeweite vun de Gemengen eben op d'Akteure vun de Personnes physiques et morales. An och do hu mer an dem Amendement eng Léisung fonnt per Annex, fir dat ze präziséieren an do dem Avis vum Statsrot Rechnung ze droen.

Ech kommen zu de Chambres professionnelles.

D'Chambre de Commerce begréisst natierlech déi Vereinfachungen, déi ebe vun der administrativer Säit komm sinn an dësem Projet de loi, an ënnerstëtzt och u sech déi Reorientatioun vun de Subsiden aus dem Fonds pour la gestion de l'eau. Dann ass et natierlech esou, dass se awer nach eng Kéier monéiert, dass déi Progressioun, wat de Waasserpräis ugeet, dass si als Chambre professionnelle, also, wéi gesot, d'Chambre de Commerce awer gesäit, dass, vun der Direktiv 2000 ausgoend, eben de Waasserpräis an d'Luucht gaangen ass, wat jo och net anormal ass, vu dass d'Gesetz vun 2008 duerfir d'Basis geschafen huet, fir dass d'Gemengen u sech eng Tarification Utilisateur- respektiv Pollueur-payeur géifen ëmsetzen, wou och scho festgeluecht ginn ass, wéi déi Berechnung vun dem Waasserpräis muss sinn.

An dann natierlech hir Bedenken, déi se hunn, dass de Waasserpräis eventuell nach eng Kéier géif an d'Luucht goen an hir Entreprisen eben dovun en Nodeel hätten. Fir de Rescht weisen ech dann nach eng Kéier op mäi schréftleche Rapport hin.

Dann d'Chambre des Métiers nach eng Kéier ganz kuerz. Déi geet och erëm eng Kéier op déi Iwwerleeungen zur Majoratioun vum Waasserpräis an, huet och do Bedenken, dass dat Implikatioune fir d'Entreprisë kéint hunn. An do kommen och weider Autorisatiounen, déi noutwendeg sinn, wann ee Konstruktiounen, Amenagementer huet, déi mam Grondwaasser a Kontakt kommen. An och do huet si staark Bedenken.

D'Chambre d'Agriculture konzentréiert sech erëm eng Kéier op d'Tarifikatioun respektiv eng Hausse, déi eventuell fir si kéint kommen, an eben och déi Nodeeler, déi si gesäit fir hire Secteur.

Voilà, dann hunn ech hei nach de Syvicol. De Syvicol huet virun allem ebe monéiert, dass e sech iwwerleet: Ass dat doten dee richtege Wee, fir hinzegoen an déi Modifikatioun vun de Subsiden - mir wäerten drop ze schwätze kommen, virun allem d'Erofsetze bei de Kläranlage vu 65% op 50% -, ob dat dee richtege Wee ass, fir dass d'Gemengen an d'Ëmsetzung kommen?, an huet hei och a sengem Avis geschriwwen, dass déi Delaien, déi ganz dacks derzou gefouert hunn, dass d'Projeten net ëmgesat gi sinn, net eleng bei de Gemenge géife leien.

Den OAI huet a sengem Avis nach eng Kéier opgeworf, dass si Problemer gesinn, dass hire Beruffsstand ëmmer déi noutwendeg Capacitéit hätt am Engineering, fir déi Projeten, wat d'Kläranlagen ugeet, kënne fristgerecht ëmzesetzen. E weist dorop hin, dat ass säin Haaptmessage.

D'ALUSEAU huet sech mat deem technesche Volet auserneegesat, wat u sech elo d'Berechnung ugeet vum Waasserpräis, dat heescht d'Équivalent-habitant respektiv d'Équivalent-habitant moyen, wou dat eent eben e Wäert ass, deen ze dinn huet mat der technescher Ausleeung vun Ofwaasserstrukturen, mat der Dimensionéierung vun deenen Elementer, an dat anert huet einfach mat enger Tarifikatioun ze dinn.

An dann hätte mer nach de SIDEN, déi sech nach eng Kéier ralliéiert hunn op deen doten Avis, deen ech elo grad genannt hunn, an eben dann och natierlech déi Diminutioun vu 65% op 50% am Beräich vun de Kläranlagen net positiv aviséiert hunn.

De SIDERO huet sech ralliéiert un den Avis vun der ALUSEAU.

Ech géif also elo probéieren, ganz kuerz duerch d'Artikelen ze goen. Dir fannt all Detailer a mengem schréftleche Rapport. Dee Rapport ass ganz voluminéis, well et eben ee ganz technescht Gesetz ass, an duerfir picken ech just nach eng Kéier zwou Saachen eraus.

D'Tarifikatioun hat ech schonn erwäänt vun deene véier Secteuren. De Secteur, deen u sech d'Hotelieren, d'Cafetieren, d'Restauranten an och d'Campinge betréfft, dee war elo ëmmer verstoppt an de Menagen. Dee kritt elo e Secteur à part.

Mir hunn de Volet vun de Programmes de mesures, dat ass souwuel am Artikel 10, 14, 23, de Plan de gestion des risques d'inondation, d'Héichwaasserkaart, d'Héichwaasserrisikokaarten an och d'Plans de gestion de district hydrographique, déi net méi per Règlement grand-ducal als obligatoresch deklaréiert ginn, mä vum Conseil de Gouvernement approuvéiert an am Journal offiziell publizéiert ginn.

Dann hu mer verschidde Moossnamen, déi ergraff kënne ginn am Kader vun dësem Waassergesetz, déi d'Utilité publique unerkannt kréien. Dat ass souwuel d'Renaturéierung vun engem Waasserlaf, dat sinn awer och Mesuren am Beräich vun der Drénkwaasserversuergung wéi eben och am Beräich vun dem Ofwaassertraitement. Da sinn nach nei Sanction-pénallen agefouert ginn, an zwar Amendes administratives, fir méi einfach kënne kleng Verstéiss ze aanden, ouni dass dat all Kéiers d'Geriichter belaascht.

An da kommen ech zu dem Haaptdeel nach eng Kéier ganz kuerz, zu de Subsiden: Do ass eng Reorientéierung do, an zwar ass an deem Volet vum Gesetzestext de Wee opgemaach ginn, fir vill méi Akteure kënne mat eranzehuelen, an zwar net nëmmen d'Gemengen an d'Gemengesyndikater, mä och staatlech Verwaltungen, Établissement-publicken a Personnes privées a morales.

Am Grousse geet et drëm, dass eng Partie Moossnamen eropgesat ginn, an zwar alles, wat Drénkwaasserschutzzone ginn an déi Moossnamen, déi dermat ze dinn hunn, ginn erop op 75%. Wat den Héichwaasserschutz ugeet, dat geet och erop op 80% respektiv Etüde ginn zu 100% iwwerholl.

Erof ginn d'Subsiden, wat u sech d'Klärung vu Waasser ugeet, dat heescht, alles, wat Ofwaasser ass respektiv Reewaasserféierung, vu 65% op 50%, awer et gëtt eng ganz Partie Iwwergangsbestëmmungen. An nei Subsiden, déi agefouert gi sinn, sinn zum Beispill d'landwirtschaftlech Berodung an d'Drénkwaasserschutzgebidder mat 75%, interkommunal Drénkwaasserleitunge gi mat 50% subventionéiert, Rechercheaarbechten, grad fir erauszefannen, wou d'Polutiounen hierkommen a wat fir Moossname mer kënnen ergräifen, zu 100%. An och si sechs Projet-pilotten am Drénkwaasserberäich, déi zu 100% ënnerstëtzt ginn, am Gesetzestext hei virgesinn. Et geet also net drëm, ze spueren. Et ass eng Reorientéierung a bis 2027 sinn 1,1 Milliarden Euro fir de Fong virgesinn.

Ech ginn elo weider net op d'Bedéngungen an, fir d'Subsiden ze kréien, wat ee Volet ass, dee geännert huet, an och d'Dispositions transitoires; do wäert mäi Kolleeg, de Koxen Henri, nach am Detail op all déi Mesuren do agoen. An ech géif dann hei zum Schluss komme vu mengem Rapport.

Ech mengen, mir sinn eis alleguerten hei an der Chamber eens, dass dat hei en Dossier ass, deen ëm eng liewenswichteg Ressource fir Lëtzebuerg geet an dass mer alleguerten eis Responsabilitéit mussen iwwerhuelen. An all Akteuren zu Lëtzebuerg musse sech deem bewosst ginn: de Stat natierlech, d'Gemengen, d'Betriber an d'Baueren, awer och all Eenzelnen, deen hei zu Lëtzebuerg schafft a wunnt. An dëst Gesetz setzt op de Schutz vum Waasser, op d'Präventioun an et ass gutt fir d'Ëmwelt. Et ass sécherlech och gutt fir d'Betriber a gutt fir de Bauer. Et ass gutt fir all déi, déi op déi Ressource Waasser ebe mussen zréckgräifen, dass se propper ass, dass se geschützt gëtt. Et ass gutt fir all Mënsch, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt. An et ass och essenziell fir déi Generatioun, déi no eis kënnt, dass mer eist Waasser schützen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ech sträichen direkt den Här Kox.

(Hilarité)

Merci dem Här Rapporteur an d'Wuert huet den éischte Spriecher, den Här Aly Kaes fir d'CSV.

Discussion générale

M. Aly Kaes *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bon, esou wéi et sech gehéiert wëll ech natierlech dem Rapporteur vun dësem Projet de loi, dem honorabelen Deputéierte Gérard Anzia, villmools Merci soe fir säi schréftlechen an och detailléierte mëndleche Rapport. Hien ass op déi wesentlech Punkten an Ännerunge vun dëser Reform vum Waassergesetz aus dem Joer 2008 agaangen, soudatt ech mech haaptsächlech op déi Punkte ka beschränken, déi mer als CSV an der Ëmweltkommissioun geännert wollten hunn, mä déi awer net an dësem Text berücksichtegt gi sinn.

Mir haten eng Rei ënnerschiddlech Amendementer a Propositiounen zum Waassergesetz gemaach, déi awer alleguerte vun der Majoritéit an der Kommissioun ofgewise gi sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzestext iwwert d'Reform vum Waassergesetz gesäit dräi Schwéierpunkte vir: Investitiounen a Präventioun ënnert der Form vun engem verbesserten Héichwaasserschutz a Waasserschutz, eng käschtenneutral Neiopdeelung a méi zilorientéiert Ausriichtung vun de staatlechen Hëllefen an eng méi grouss Abannung vun den Akteure vum Terrain beim Waasserschutz.

Ee positive Punkt am Gesetz, dee mer och ganz sécherlech ënnerstëtzen, sinn déi nei, méi héich Bäihëllefe fir Héichwaasserschutzmoossnamen. Wann d'Gesetz emol bis a Kraaft ass, kënnen d'Gemenge mat enger staatlecher Ënnerstëtzung vu bis zu 90% rechnen. Bei Renaturéierungsmoossname gëtt de Gesamtmontant iwwerholl. Dat ass ganz positiv, well d'Renaturéierung vun eise Baachen a Flëss u sech bekanntlech derzou féiert, datt se méi lues fléissen, datt d'Vitesse an domadder och d'Erosioun erausgeholl gëtt.

Den neie Subventiounssystem an dësem Beräich ass eng gutt Saach an dréit derzou bäi, den Ökosystem vun eise Gewässer ze verbesseren. Ausserdeem gëtt duerch dës Mesure och an d'Sécherheet vun eise Bierger investéiert. Mir begréissen awer ausdrécklech, datt d'Subventioune mam neie Gesetz solle sub-

stanziell an d'Luucht gesat ginn, wënschen eis awer, datt an Zukunft d'Prozeduren dach awer wesentlech méi séier ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Gesetz soll och bei den Drénkwaasserschutzzonen nogebessert ginn: D'bürokratesch Hürde sollen da vereinfacht ginn, d'Waasserschutzmoossnamen an de Schutzzone kréien eng Bezouschossung vu 75% a bei neie regionalen Infrastrukture kënne Gemenge mat enger staatlecher Finanzsprëtz an der Héicht vun, wéi scho gesot, 50% vun de Gesamtkäschte rechnen.

Siwen nei Zone si laut der Madamm Minister aktuell a Planung. D'CSV deelt ganz kloer den ageschloene Wee vun der Regierung, fir nei Schutzzonen auszeweisen, well mer mussen d'Qualitéit vun eise bestoenden an och neie Quelle laangfristeg ofsécheren.

Den Accident an der Landwirtschaft an der Belsch mat Metazachlor huet eis kloer gewisen, datt et wichteg ass, eis Drénkwaasserreservoiren ze schützen. Duerfir begréisse mer och d'Bestriewunge vun der Regierung an dësem Beräich. An dëser Problematik spillt awer och d'Landwirtschaft eng ganz wichteg Roll. D'Landwirtschaft ass e wichtege Partner am Waasserschutz a spillt eng zentral Roll, besonnesch wa mer wëllen an dëser Saach zu engem Resultat kommen. Duerfir ass et als positiv ze bewäerten, datt an Zukunft och d'Landwirtschaft vun enger Bezouschossung ka profitéieren, wa se a Waasserschutzmoossnamen investéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, ech si mer och sécher, datt d'Landwirtschaft sech kenger Diskussioun, kenger Propos wäert verschléissen, wann et drëm geet, eist Drénkwaasser ze schützen. Et muss duerfir séchergestallt ginn, datt déi Leit, déi an iergendenger Aart a Weis an enger Schutzzon leien oder an Zukunft leie kommen an Aschränkungen hunn, och déi entsprechend ugepassten Entschiedegunge musse kréien.

Wann ech scho bei der Landwirtschaft sinn, wollt ech awer och e Wuert iwwert d'Notze vun Iwwerflächewaasser soen, virun allem an Zäiten - och wann et dann haut reent, esou wéi de Rapporteur dat elo gesot huet - vun enger extremer Dréchent, esou wéi mer se iwwert déi lescht Méint elo erlieft hunn.

Ben, et ass normal, datt een u sech eng Autorisatioun muss hu fir d'Notze vum Iwwerflächewaasser. An datt dat nëmme méiglech ass, wann och den Debit an eise Flëss an eise Baachen dat hiergëtt, och dat ass normal. An dach awer, wann et brenzlech gëtt, si mir ganz einfach der Meenung, datt, wann de Betriber hir Existenz dodrunner hänkt, da muss et méiglech sinn, méi onbürokratesch a schnell Geneemegungen ze kréien, fir ze verhënneren, datt d'Planze laang verdréchent sinn, ier ee schlussendlech eng Geneemegung huet. An duerfir plädéiere mir derfir, wéi gesot, datt et ganz onbürokratesch a schnell muss goen, fir esou Geneemegungen ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een Drénkwaasser seet, muss een natierlech och Ofwaasser soen, wat e groussen Afloss op d'Waasserqualitéit huet. Ech kommen domadder also, nodeem dat bis elo ganz positiv geklongen huet, zu de Kritikpunkten, déi mer um Gesetzestext hunn.

Une voix.- A wou?

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Den éischte Punkt betrëfft d'Definitioun vum Awunnergläichwäert am Artikel 2. Den Text, deen elo virläit, gesäit keng Präzisioun vum Awunnergläichwäert vir. Et kënnt also weiderhin zu divergenten Interpretatiounen, haaptsächlech an der Industrie, am Horesca, am Horeca, wat dann elo déi relevant Charge vun engem Betrib ass. Zumindest hätt am Text misse präziséiert ginn, fir wat fir e Besoin d'Definitioun vum Awunnergläichwäert aus dem Gesetz duerf erugezu ginn a fir wat fir een net.

Et hätt an eisen Aen duerfir kloer missen definéiert ginn, datt den Awunnergläichwäert just fir d'Zoudeelung vun enger Aktivitéit zu hirem Secteur gëllt an net awer fir d'Tarifikatioun selwer. Dat ass, wéi gesot, net geschitt, mir bedaueren dat, an duerfir wäert et an der Zukunft weider zu Mëssverständnisser a villen Diskussioune kommen.

Den zweete Punkt, deen eis Problemer bereet, ass déi Nettarifikatiounsstruktur (veuillez lire: nei Tarifikatiounsstruktur), wéi se am Artikel 12 proposéiert gëtt. Duerch d'Gesetz gëtt een zousätzleche Secteur agefouert, fir deen ee separate Präis vum Waasser ka gefrot ginn. Et ass dat, wéi et scho virdrun ugedeit ginn ass, den Horeca-Beräich respektiv den Horesca mat all deene Betriber, déi saisonal sinn.

Och wa mam Gesetz e véierte Secteur definéiert gëtt, esou gëtt et awer nach ëmmer keng Kloerheet, wéi den Tariff an dësem Secteur soll gestallt ginn. Einfach e weidere Secteur definéiere geet net duer, well duerch de Berechnungsmodus vum Waasserpräis all Faveur an engem Secteur eng Defaveur an engem anere Secteur mat sech bréngt, dëst duerch de Prinzip vun de Vases communicants, deen aus der Direktiv ganz kloer interpretéiert gëtt.

Mir haten an der Kommissioun d'Propositioun gemaach, datt dräi vun de véier Secteuren, dat heescht d'Agrikultur, d'Industrie an d'Horesca, jiddwereen eenzel sollt en eenheetleche Präis iwwert d'ganzt Land hunn an et domadder och zu kenger Concurrence déloyale an dësen dräi Beräicher méi géif kommen. Dëse Prinzip hätt u sech Ongerechtegkeeten, déi duerch geografesch a sozial Komponente geschafe ginn, ofgeschwächt respektiv eliminéiert. Leider wollt dës Majoritéit net mat eis op dëse Wee goen. Hei gëtt par contre elo eppes geschafen, wat eiser Meenung no keen Inhalt huet a wat an der Praxis och näischt wäert bréngen.

Här President, den drëtte Punkt, dee mer net kënnen deelen, ass d'Erofsetze vun de staatlechen Hëllefe fir d'Ofwaasser op nëmmen nach 50%.

Éischtens, de Ministère de l'Intérieur huet de Syndikater erlaabt, den Amortissement vun 100% op 50% ze reduzéieren, an dat ass richteg. De Service de contrôle des finances communales ass awer domadder net averstanen, mam Argument, datt déi aner 50%, déi jo deen Deel vun de staatleche Subventiounen ausmaachen, iwwert d'Budgetsgesetz net amortisabel sinn, soudatt dem Innenminister seng Initiativ a Fro gestallt gëtt. Duerfir koum vun eis d'Initiativ, dëst am Waassergesetz ze regelen.

Zweetens, d'Madamm Minister argumentéiert, d'Gemenge géifen hir Infrastrukturen zu 50% iwwert de Waasserpräis respektiv iwwer Ofwaassertaxe finanzéieren, duerfir géif d'Uewergrenz fir Bäihëllefen aus dem Waasserfonds op 50% begrenzt ginn. Doduerch soll verhënnert ginn, datt de Steierzueler zweemol fir déiselwecht Déngschtleeschtung bezuele muss. D'Ausso, datt et jo nach 50% Subsid ginn a 50% duerch den Amortissement erakommen, ass einfach zu dësem Moment falsch. Dës Iwwerleeung kann dann eréischt gezu ginn, wann den éischten Invest landeswäit gemaach ass an déi nei Bauwierker emol amortiséiert ginn. Dat dauert awer mindestens nach zéng Joer.

(Interruption)

Mir deelen dës Analysen a Meenungen net an hunn och duerfir e weideren Amendement an der Chamberskommissioun proposéiert: éischtens, den Taux vun de Bäihëllefen erëm op den aktuellen Taux vu 65% vun de reale Käschten ze setzen; zweetens, datt och am Ofwaasserberäich d'Subside kënnen amortiséiert ginn.

Zu dësem Moment, Dir Dammen an Dir Hären, an dat muss ee ganz kloer wëssen, ass de Besoin u Gelder am Ofwaasserberäich esou grouss wéi nach ni. A grad an dësem Moment dréit d'Regierung de Geldkrunn zou an domadder och d'Méiglechkeet fir d'Gemengen a besonnesch fir d'Landgemengen, sech adequat fir d'Zukunft ze equipéieren.

De Problem läit awer net nëmmen am Invest, mä och am Entretien a virun allem am Amortissement. D'Festleeung vun der Regierung, fir quasi an all Uertschaft eng eenzel dezentral Anlag ze bauen, dréit Hiert natierlech derzou bäi. Wann een d'Berechnung vum realen Ofwaasserpräis mécht, dat heescht, ouni Deckelung, da kënnt ee bei ville ländleche Gemengen, wann all Infrastrukturen da bis gebaut sinn, op e Präis vun iwwer 15 Euro pro m³. Mam Drénkwaasser zesumme bréngt dat eis iwwer 20 Euro pro m³. Dëst ass deelweis eng Verfënneffachung zu deem, wat haut schonns gefrot gëtt. Dëst trëfft natierlech d'Gemengen aus dem ländleche Raum ganz besonnesch a mat der territorialer Finanzreform vum Innenminister sinn dës Gemenge ganz kloer zweemol gebeidelt.

Bei de staatleche Bäihëllefen am Beräich vum Ofwaasser gesäit de Projet de loi des Weidere Strofen a repressiv Mesurë vir am Fall, wou Gemenge respektiv Ofwaassersyndikater mat hiren Ofwaasserinfrastrukturen oder Kläranlagen net konform zu de Regele sinn.

Och domadder kënne mer net d'accord sinn, well d'Retarden am Ofwaasser, wann iwwerhaapt, ganz sécher net eleng de Gemengen hir Schold sinn. Oft läit et un de staatleche Geneemegungsprozeduren, datt laang näischt respektiv net vill beim Ofwaasser geschitt ass.

Här President, e Wuert zu den Iwwergangsbestëmmunge bei den Autorisatiounen. Vill waasserrechtlech Geneemegungen uechtert d'Land fir bestoend Bauwierker si säit dem 22. Dezember 2012 ofgelaf. Mengen Informatiounen no ginn et nach ëmmer keng Autorisatioune vun de bestoenden Ouvragen, déi duerch d'Waassergesetz hir al Autorisatioun jo verluer hunn. Mir haten u sech hei e Régime transitoire virgeschloen.

Dës Iddi ass awer verworf ginn, soudatt déi meescht Ofwaasseranlagen haut illegal bedriwwe ginn, wat am Prinzip nom neie Gesetz Sanktiounen nom Artikel 61 an 61bis mat sech bréngt.

Eng weider Neierung vun dësem Gesetz betrëfft dann d'Ännerung bei der Berechnung vun den Taxes de rejet. Laut dem Gesetz gëtt d'Taxe de rejet ëm 50% majoréiert, wa keng adequat Reewaasserbehandlung am Mëschsystem ugefaange ginn ass, dëst dräi Joer no Akraafttriede vum Règlement grand-ducal iwwert d'Moossnamepläng. Zweetens gëtt d'Taxe de rejet ëm 100% majoréiert, wa keng adequat biologesch Behandlung vum Ofwaasser agesat gëtt, dëst dräi Joer no Akraafttrieden ebenfalls vun deemselwechte Règlement grand-ducal iwwert d'Moossnamepläng, an drëttens gëtt dann déiselwecht Taxe de rejet ëm annerhallwen Euro majoréiert, wann um Gemengenterritoire méi wéi 33% vun der Schmotzfracht an d'Ëmwelt ofgeleet ginn.

Wat bedeit dat awer elo an der Praxis? Haut hu mer 0,16 Euro pro m³ Taxe de rejet. 50% wéinst feelender Reewaasserbehandlung ginn e Surplus vun 0,08 Euro, 100% wéinst feelender biologescher Rengegung gëtt e Surplus vun 0,16 Euro pro m³ an dann nach eng Kéier déi 1,5 Euro, wann ee méi wéi 33% vun der gesamter Schmotzfracht vun engem Gemengenterritoire direkt an d'Ëmwelt entsuergt. Dat mécht zesummen 1,74 Euro pro m³, déi dann déi Taxe de rejet kann ausmaachen, wat u sech maximal eng Vereeleffachung vun där Tax an deem Fall géif duerstellen.

Och wann dës Approche, jo, aus der Optik vum Prinzip vum Pollueur-payeur nozevollzéien ass, esou menge mer, datt dës Mesure net vill Gemengen oder ganz besonnesch déi spezifesch Gemengepappen a -mammen wäert iwwerzeegen, am Ofwaasserberäich op hirem Territoire méi aktiv ze ginn, well u sech de berechente Präis beim Ofwaasser haut schonn 3,5 Euro an zukünfteg, wéi ech et scho gesot hunn, 15 Euro a méi wäert duerstellen. Déi Leit soe sech: „Ma et gëtt jo méi bëlleg, déi 1,74 Euro ze bezuelen, wéi massiv a käschtenintensiv Ofwaasserinfrastrukturen ze bauen, déi à la longue extrem op d'Gemengebudgeten,...

(Interruption)

...op d'Gemengebudgeten drécken." Ech wëll och ganz kloer soen, datt ech dat net gutt fannen, mä hei ass just e rechnerescht Beispill, fir ze dokumentéieren, zu wat fir engem negativen Effet esou eppes ka féieren.

Mir hätten eis gewënscht...

M. Gusty Graas *(DP)*.- D'CSV ass also éischter derfir, fir d'Waasser verknaschten ze loossen, wéi…

M. Aly Kaes *(CSV)*.- All Froe wann ech gelift...

M. Gusty Graas *(DP)*.- Dat huet een zur Kenntnis geholl.

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Uschléissend u meng Ried duerf een all Froe stellen, mä ech wëll fir d'Éischt meng Zäit notzen, fir meng Ried ze halen. An da kënne mer roueg eng Froestonn maachen an ech si gäre bereet, op déi eenzel Froen ze äntwerten.

(Brouhaha)

M. André Bauler *(DP)*.- Jo, Här Minister!

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Mir hätten eis gewënscht, wéi mir et scho gesot hunn, datt een eng positiv Approche gewielt hätt an déi Gemenge belount hätt, déi an der Vergaangenheet grouss Efforten am Beräich vun den Ofwaasserstrukture getätegt hunn. Eis Propositioun, fir déi Entitéit ze belounen, déi et richteg mécht, amplaz déi inaktiv ze bestrofen, ass erëm eng Kéier net ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Subside fir Ofwaasserinfrastrukture betrëfft, ass vun der Regierung zréckbehale ginn, datt bei Akraafttriede vum neie Gesetz den Taux vun 90% Subsid op 50% erofgesat gëtt. Dat heescht, datt de maximale Subsidesaz just nach 50% ass, mä net nëmme 50%, mä 50% vun engem Forfait. An der Praxis leie mer da bei 30% bis 40% vun de reelle Käschten.

Zousätzlech gëlle folgend Iwwergangsregelen: 90% fir déi Dossieren, déi eng Étude préalable virum 1. Oktober 2010 an e Projet détaillé virum 1. Juli 2015 agereecht hunn; 75% fir déi Dossieren, déi eng Étude préalable virum 20. Oktober 2014 a wou e Projet détaillé och virum 1. Juli 2015 agereecht ginn ass. An da 65% fir déi Dossieren, déi virun Akraafttriede vun dëser Gesetzesmodifikatioun agereecht goufen. Déi virgenannten Tauxe sinn awer nëmmen applikabel, wann dës Projete 24 Méint no Akraafttriede vum Gesetz ausgeschriwwe sinn. Soss fale mer direkt op 50% Subventioun erof.

Eng weider Konditioun ass déi, datt d'Tarifikatioun vum Waasser nom Waassergesetz an där betraffener Gemeng applizéiert gëtt, dëst op Avis vun der Administration de la gestion de l'eau. D'Verwaltung hëlt awer keng Decisioun, gëtt just en Avis. An domadder kann och keng Gemeng sech geriichtlech do dergéint wieren.

Här President, mir si géint dës Iwwergangsregelen, well se an der Realitéit einfach net anzehale sinn. Verschidden Delaie sinn duerch eng limitéiert Zuel vu spezialiséierten Akteure ganz einfach net méi ze kompriméieren. Aus deem Grond gesi mer och den Delai vun der Mise en adjudication des travaux innerhalb vun den éischte 24 Méint nom Akraafttriede vum Gesetz absolutt als irrealistesch.

Duerch dës ondifferenzéiert an onfair Method gi kloer déi Gemenge bestätegt, déi an der Vergaangenheet oder an de vergaangene Joren näischt fir d'Verbesserung vun hiren Ofwaasserinfrastrukture gemaach hunn. Si verléieren näämlech an der Realitéit näischt. D'Matschaffen an der Vergaangenheet gëtt heimadder also ganz kloer net belount.

Duerch déi kuerz Delaie bei der Ausschreiwung vun der Realisatioun entsteet en enormen Drock am Bausecteur, mä ganz speziell an deem Secteur vun deene méi techneschen Infrastrukturen. Par contre ginn et keng Delaie bei den Autorisatiounsprozedure vun de staatleche Verwaltungen. D'CSV-Fraktioun hat an engem Amendement méi laang Iwwergangsregele proposéiert, déi de Gemengen an de Syndikater genügend Zäit ginn hätten, fir gutt a propper Dossieren an dësem komplizéierte Beräich opzestellen. D'Regierung wollt awer net op dee Wee matgoen.

E weidere Punkt, mat deem mer net averstane sinn, ass dann dee vun der Notioun vun der Approbation préalable. Heiduerch ass et engem Bauhär net méiglech, eng Etüd oder eng Aarbecht unzegoen, soulaang hien net d'Approbatioun vum Waasserfong huet. Hei versträicht onnéideg Zäit, a mir waren der Meenung, dass dës Notioun ganz einfach an dësem Gesetz gestrach gehéiert, getrei nom Prinzip vun der Simplification administrative.

Leider steet d'Approbation préalable nach ëmmer am Gesetz. Dat heescht am Kloertext, datt als Éischt muss, jo, en Accord vum Minister virleien, ier d'Gemeng mat dem Bau kann ufänken. Hei gouf verpasst, eng Méiglechkeet ze schafen, fir d'Retarden am Ofwaasserberäich méi séier opzeschaffen.

Wat de Volet vun der Simplification administrative betrëfft, esou stelle mer fest, datt bei villen Artikelen zousätzlech Autorisatiounen a Kompensatiounsmoossnamen am Virfeld vu Bauprojete mussen erfëllt ginn, wat derzou féiert, jo, datt d'Retarden am Waassersecteur nach wäerte méi grouss ginn, wéi se scho sinn.

E Beispill ass déi nei Autorisatiounsfrist vun alle Chantieren, déi mat enger Waassernapp a Kontakt kommen. Dëst sinn awer quasi all d'Chantieren duerch d'Land. Een anert Beispill ass de feelenden Avis zum Règlement-type de canalisation, deen u sech schonns, jo, säit Jore bei der Administration de la gestion de l'eau fir eng Approbatioun läit.

Dee leschte Punkt, deen ech wollt uschwätzen, ass dee vun der Utilité publique. Mir fannen et positiv, datt Mesuren, déi am Beräich vum Ofwaasser musse getätegt ginn, an Zukunft och ënnert de Statut vun der Utilité publique falen, dat haaptsächlech wéinst der Problematik vun den Droits de passage an den Terrainskeef.

Domadder kënnen elo all Moossnamen am Beräich vun der Drénkwaasserversuergung, der Renaturéierung vun de Waasserleef, de Waasserschutzzonen an elo, wéi gesot, och dem Ofwaasserberäich als Utilité publique deklaréiert ginn.

Mä dat war et awer och schonn! Leider gouf et keng weider Präzisioun, jo, wat de Règlement grand-ducal vum 15. Mäerz `79 iwwert d'Utilité publique ugeet. Dëse muss awer eiser Meenung no dréngend adaptéiert ginn an un déi haiteg Besoinen ugepasst ginn.

Och bleift weiderhin de Problem bestoen, datt keng vereinfacht Prozedur virgesinn ass, fir virunzekommen. Am Ausland, wéi zum Beispill an Däitschland, gëtt et eng Prozedur äänlech wéi d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur. Déi heescht „Planfeststellungsverfahren"; e richtegt typescht däitscht Wuert. Déi concernéiert Proprietairen hunn eng Asprochfrist, no där hir Remarquë vun engem Gremium analyséiert ginn.

Si keng valabel Grënn do, fir en Droit de passage ze refuséieren, kann u sech duerch déi Terraine gefuer ginn.

Eng äänlech Prozedur brauche mer ganz einfach och hei am Land, fir weiderzekommen. D'Utilité publique eleng hëlleft just, fir viru Geriicht unzekommen, mä hëlleft net an der Reduktioun vun der Zäitschinn fir d'Exekutioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schlussfolgernd zéie mer als CSV-Fraktioun folgend Konklusiounen: Mir stelle fest, datt leider nëmme marginal Adaptatiounen um Gesetzesprojet virgeholl goufen. Déi substanziell Amendementer vun eiser Fraktioun um Niveau Tarifikatioun a Bäihëllefe si leider net an dësen Text agefloss. Leider kréien d'Gemengen an d'Syndikater och keen erweidert Matsproocherecht an de Froe vun der Ofwaasserrengegung.

Et muss ee sech also duerfir och d'Fro stellen, firwat de Gemengesecteur an der Vergaangenheet d'Schold um Retard am Ofwaasserberäich krut. Den Text vun dësem Gesetz weist ganz kloer erëm, datt de Gemengesecteur keng Decisiounskompetenzen an dëser Matière huet. Den allgemengen Tenor ass a bleift deen: De Stat decidéiert an de Gemengesecteur exekutéiert, bezilt a gëtt responsabiliséiert.

Eiser Meenung no ass d'Gesetz op verschiddene Punkte praxisfriem. An et duerf ee sech net wonneren, wa mer mat dësem Text nach esou munch Problemer an Iwwerraschungen an Zukunft wäerte kréien. Jo, aus all deene Grënn verstitt Der jo, datt mir als CSV-Fraktioun géint dësen Text stëmmen.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Elo kënnt nach d'Froestonn.

Une autre voix.- Maja.

(Interruption)

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Jo, ganz gär.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Soll ech bis eraus goen?

(Hilarité)

Sou! Ech soen Iech Merci. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen fir d'LSAP.

Mme Cécile Hemmen *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt erlaabt mer, dass ech dem Rapporteur, dem Här Gérard Anzia, villmools Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport. Hien ass schonn am Detail op déi eenzel Bestëmmunge vum Gesetzesprojet agaangen. An dat erlaabt mer dann, just nach eenzel Punkten ervirzehiewen, déi der LSAP ganz besonnesch um Häerz leien.

Dëse Gesetzesprojet kënnt zu engem Moment an d'Chamber, wou jiddweree ganz däitlech virun Aen huet, wéi existenziell wichteg dass et ass, genuch Waasser a virun allem och an enger gudder Qualitéit ze hunn an dass dat och keng Selbstverständlechkeet ass.

Zu Lëtzebuerg hu mer eigentlech nach ëmmer d'Gefill, an engem Land ze liewen, wou et vill reent, wou ee sech eigentlech iwwer all Dag soll freeën, wou endlech emol gutt Wieder ass a wou et dréchen ass. Mä dat Gefill ass awer net méi esou ganz richteg. Mir brauche just déi lescht Deeg ze kucken. Do hunn d'Wiederkonditioune bei eis och gewisen, wéi et ka sinn, wa mer lues awer sécher iwwert d'Dréchent e bësse mussen nodenken an och fäerten, wéi eng Repercussiounen dass dat kann hunn.

Mir hunn, iwwert d'Joer gekuckt, net méi zu deeneselwechten Zäite staarken Néierschlag wéi fréier. A mir hu méi oft kuerz unhalenden a ganz staarke Reen, soudass den Iwwerschwemmungsrisiko bei eis och eng Realitéit ass. A grad dëst Joer, wéi ech et gesot hunn, weist, dass mer och scho virum Summer dauerhaft héich Temperature mat eventuell och Waasserknappheet kënnen hunn.

Derbäi kënnt awer och, dass ëmmer méi Leit zu Lëtzebuerg wunnen an domadder och de Waasserbedarf an d'Luucht geet, och wann de Pro-Kapp-Verbrauch erofgeet. Déi begrenzte Verfügbarkeet vum Waasser muss dofir och an d'Wuesstumsdebatt mat erafléissen, well et eng wichteg Roll spillt. Dat gëllt net nëmme fir de Bevëlkerungszouwuess, mä och fir nei Betriber, déi sech bei eis néierloossen. A jee no deem, wat fir eng Aktivitéit mer op Lëtzebuerg unzéien, kann de Waasserbedarf duerchaus och en Thema sinn, dee muss berücksichtegt ginn.

Et ass also méi wichteg wéi jee, dass mer eis un dës Verännerungen upasse mussen an och konsequent Moossnamen ergräife mussen, fir d'Ressource Waasser besser ze schützen an och spuersam dermat ëmzegoen. Dëse Projet de loi liwwert elo e Bäitrag dozou, an d'LSAP ënnerstëtzt dësen Effort.

Wat d'Drénkwaasser ugeet, esou ass den Ausbau vun der SEBES sécher e ganz wichtege Schrëtt, deen eis Kapazitéiten erweidert, mä allerdéngs hu mer och duerno net onbegrenzt Drénkwaasser zur Verfügung. Mir mussen dës Limitten unerkennen an d'Ressource Waasser esou effizient wéi méiglech notzen.

De Waasserschutz huet ganz vill Facetten an et geet net nëmmen drëm, genuch Drénkwaasser kënne bereetzestellen. Déi biologesch an och déi chemesch Qualitéit vun de Baachen, de Flëss an de Séien, dat sinn och wichteg Elementer vum Ëmweltschutz. Ganz Ökosystemer hänken dovunner of.

D'Modifikatiounen, déi mer mat dësem Projet de loi wëllen um Waasserschutzgesetz maachen, betreffen also ganz verschidde Beräicher. Si bréngen deemno um Terrain fir vill verschidden Akteure Verännerunge mat sech. Mat legislative Moossnamen eleng erreeche mer eis Ziler am Beräich vum Waasserschutz awer net. Jiddweree muss säin Deel derzou bäidroen, souwuel den eenzelne Konsument oder awer déi verschidde Wirtschaftssecteure wéi och de Stat an och d'Gemengen.

Dat fonctionnéiert och nëmmen iwwer en intensiven Dialog op Niveau vun der Opklärungsaarbecht, dem Versteesdemech fir d'Bedürfnisser vun deene verschiddenen Akteuren, zum Deel awer och finanziell Kompensatiounen. A wann et wierklech muss sinn, da muss een och op Sanktioune kënnen zréckgräifen.

Deen Dialog ze féieren ass d'Aufgab vum Stat a vu sengen Administratiounen. D'Waasserschutzgesetz bitt dofir de Kader. An och e puer Änneruungen, déi mer hei virhuelen, gi schonn eng Äntwert op ganz konkret Problemer, déi festgestallt goufen.

Als Beispill wéilt ech hei d'Aféiere vun engem neie Secteur bei der Tarifikatioun nennen, wou elo besser wéi virdrun der Tatsaach ka Rechnung gedroe ginn, dass et am Horeca-Secteur staark saisonal Schwankunge gëtt, wat de Waasserverbrauch ugeet. Dat heescht allerdéngs net, dass ee Secteur op d'Käschte vun engem aneren eng Faveur gemaach kritt, mä dass d'Berechnung vum Tariff méi genau un déi reell Situatioun ugepasst gëtt.

En anere Volet, dee sech an de leschte Jore staark entwéckelt huet a wou et am Gesetzesprojet eng Rei Modifikatioune gëtt, ass dee vun de Quelleschutzgebidder. Et ass immens wichteg, dass d'Grondwaasser konsequent geschützt gëtt. Déi betraffe Gebidder musse kloer ausgewise ginn an d'Regelen, wat do däerf gemaach ginn a wat net, mussen transparent an och novollzéibar sinn. Mat dësem Gesetzesprojet an den entspriechende Reglementer komme mer an deem Sënn ganz sécher e Stéck weider.

E verbesserte Quelleschutz bréngt natierlech och Contraintë mat sech. Besonnesch d'Bauere bekloe sech, dass ëmmer méi e groussen Undeel vun hire Flächen an déi eng oder aner Schutzzon falen a si dës nëmme méi ageschränkt notze kënnen. Dat ass effektiv e Problem, deen eescht geholl muss ginn.

Et ass ganz richteg, dass och d'Landwirtschaft sech muss u verännert Bedéngungen upassen, mä et muss dobäi och unerkannt ginn, dass Bauere bei all deenen Erwaardungen, déi d'Gesellschaft u si stellt, e bësselchen tëschent alleguerten de Still sëtzen. Si solle qualitativ héichwäerteg Liewensmëttel produzéieren, dobäi esou mann wéi méiglech Ressourcë verbrauchen, d'Ëmwelt schounen, den Déiereschutz respektéieren, an dat alles natierlech zu engem Präis, dee vum internationale Marché bestëmmt gëtt.

Fräiwëlleg bezuelen d'Konsumenten nëmmen zu engem ganz klengen Deel méi fir ëmweltfrëndlech an och déierefrëndlech Produktiounsmethoden. Et sinn d'Subside fir d'Landwirtschaft, déi den Ausgläich schafen tëschent deenen héijen Usprëch an deenen niddrege Präisser vun de Liewensmëttel.

Et ass wichteg, dass de Quelleschutz Prioritéit huet, mä d'Bauere musse fir nei Restriktiounen och e fairen Ausgläich kréien. Si däerfen an der Ëffentlechkeet net duergestallt ginn, wéi wa si nëmme Schold hätten un eisen Ëmweltproblemer. Ganz am Géigendeel! Et muss unerkannt ginn, dass et grad d'Landwirtschaft ass, déi direkt ënnert de Konsequenze vu verännerte Klimabedéngunge leit an dass si d'Ënnerstëtzung brauch, fir sech och dorunner kënnen unzepassen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

En anere Partner, deen e ganz wesentlechen Afloss op de Schutz vu Gewässer a vum Drénkwaasser huet, sinn d'Gemengen. Hei besteet eng ganz enk Zesummenaarbecht mat de staatleche Verwaltungen, déi och an Zukunft muss ënnerstëtzt ginn an déi néideg Moyene muss zur Verfügung hunn.

D'Gemenge si virun allem an der Responsabilitéit, wann et ëm d'Bauen an och d'Ënnerhale vun der Waasserinfrastruktur, also den „Wasserleitungen" geet. Deen anere ganz opwendegen a käschtespillege Volet betrëfft d'Ofwaasserentsuergung. Mir wëssen all, dass et ëm eis Kläranlagen net zum Allerbeschte steet. An et muss ee ganz kloer soen, dass hei d'Gemengen an der Verantwortung stinn. Et gouf leider ganz laang verpasst, aus der Ofwaasserbehandlung eng Prioritéit ze maachen. An dat huet net um Finanzement gehaangen, well fréier de Stat dës Käschte jo zu 90% iwwerholl huet.

Historesch gesi gouf et hei eng gewësse Suerglosegkeet - nenne mer et emol esou -, déi mer eis haut wierklech net méi kënnen an net méi däerfe leeschten. Wéi d'EU-Kaderrichtlinn, déi um Waasserschutzgesetz baséiert, a Kraaft getrueden ass, hätt eigentlech jiddweree misse virgewarnt ginn, dass et no enger Iwwergangszäit keng Toleranz méi duerfir géif ginn. Mä dat huet eenzel Gemenge leider net beandrockt, mam Resultat, dass Lëtzebuerg wéinst net konforme Kläranlagen - mir wëssen et - veruerteelt gouf a Strofe muss bezuelen.

Den Drock op d'Gemengen ass zanterhier gewuess, an déi finanziell Ënnerstëtzung fir d'Kläranlagen, déi eigentlech net dem Prinzip vum Käschtendeckungsprinzip entsprécht, gëtt graduell zréckgefouert.

Als LSAP begréisse mir et, Här President, dass d'Iwwergangszäit vun 12 op 24 Méint eropgesat gouf. Domat gëtt der Tatsaach Rechnung gedroen, dass et net ëmmer un de Gemengen hänkt, wann et net virugeet. Trotz allen Efforten am Beräich vun der Simplification administrative huelen déi néideg Prozeduren oft vill Zäit. An d'Gemengen hunn dorobber nëmmen e limitéierten Afloss. Mat der Ausdeenung vum Delai misst awer all Gemeng, déi sech seriö drëm beméit, fir hir Kläranlag op en akzeptabele Stand ze bréngen, eng ganz fair Chance hunn, nach kënne vun deene méi héije Subsiden ze profitéieren.

Et ass och ze begréissen, dass hei eng nei Dynamik entstanen ass, soudass mer als Land an e puer Joer awer missten e richtege Qualitéitssprong gemaach hunn, wat d'Ofwaasserbehandlung betrëfft.

Käschten entstinn awer net nëmme fir déi Gemengen, déi al Kläranlage moderniséieren, mä och fir Gemenge mat staarkem Bevëlkerungszouwuess, déi hir Capacitéite mussen erweideren. Dat muss an Zukunft onbedéngt méi staark berücksichtegt ginn, wa gréisser Logementsprojete geplangt ginn. Engersäits huet d'Gemeng jo d'Méiglechkeet, de Promoteur an engem gewëssene Mooss un de Käschte fir d'Équipements publics ze bedeelegen, anerersäits sollen d'Folgekäschten am Beräich vum Waasser méi staark mat akalkuléiert gi bei staatleche Fërdermoossnamen, wéi mer se zum Beispill am Moment nach beim Pacte Logement kennen.

Wa vill gebaut gëtt, dann denkt een natierlech spontan drun, dass mer méi Crèchë brauchen, dass mer méi Schoule brauchen, dass mer méi Sportsinfrastrukture brauchen, mä vun de Kläranlage geet awer nëmme ganz seele rieds.

Doriwwer eraus ass et awer wichteg, dass mer no an no bei moderne Kläranlagen och eng véiert Stuf mat virgesinn, wou Medikamenten- oder och Pestizidréckstänn kënnen erausgefiltert ginn.

Dëse Projet de loi gesäit jo vir, dass déi Subsiden, déi et an Zukunft manner gëtt fir déi biologesch Klärstuf, kënne fir Pilotprojete genotzt ginn, wou de Stat alt bis zu 100% vun de Käschte kann iwwerhuelen. Dat ass sécher eng gutt Saach a sollt d'Gemengen och motivéieren, fir zu de Virreider an deem Beräich ze gehéieren.

Et soll och eng besser finanziell Ënnerstëtzung gi fir den Héichwaasserschutz, wou nach vill Efforten néideg sinn. Dat Geld ass ganz gutt investéiert, well de Schued, dee bei enger Héichwaasserkatastroph entsteet, ass däitlech méi héich. Ganz ofgesinn natierlech vu mënschlechem Leed, wa Leit hiert Haus oder, méi schlëmm esouguer nach, hir Gesondheet verléieren.

Als Konklusioun wéilt ech ënnersträichen, dass de Waasserschutz e ganz wichtege Sujet ass, dee méi an de Vierdergrond réckele muss, wéi dat vläicht an deene vergaangene Jorzéngten de Fall war. Dëse Projet de loi dréit derzou bäi, andeem en e bestoend Kadergesetz verbessert, an huet och natierlech domadder d'Zoustëmmung vu menger Partei.

Ech wéilt awer nach ophale mat enger klenger Weisheet, déi seet: „D'Waasser ass all Quell vum Liewen an elo musse mer et schützen, fir ze iwwerliewen." Merci fir d'Nolauschteren!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance*.- Merci, der Madamm Hemmen. Als nächste Riedner hunn ech den Här Henri Kox ageschriwwen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

M. Henri Kox *(déi gréng)*.- Merci, Madamm Presidentin. Fir d'Éischt wëll ech dann natierlech och mengem Kolleeg Rapporteur Merci soe fir dee ganz ausféierleche Bericht. De Gérard Anzia ass op déi gréisst Änneruungen agaangen an huet och Rappeller vun dem urspréngleche Gesetz scho gemaach, wat jo ënner CSV-Majoritéit deemools 2008 och gestëmmt gouf.

Ech wëll och nach eng Kéier dervu profitéieren opzezielen, wat déi Haaptgrënn waren, deemools dat Gesetz an d'Weeër ze leeden: Dat war éischtens den Drénkwaasserschutz. Zweetens war et, endlech am Gewässerschutz weiderzekommen; dass mer do ganz grouss Retarden haten, ass scho virdru vu menge Virriedner gesot ginn, et huet u Kläranlage gefeelt. Den drëtte war ganz kloer, an do sti mir als Gréng haut nach ëmmer hannendrun: Dat ass de käschtendeckende Präis um Prinzip vum Polluer-payeur, wat u sech, mengen ech, awer och nach ëmmer kloer de richtege Prinzip ass.

Da war et och d'Andeelung vun de Secteuren. Mir hu gesot: Okay, mir hunn ënnerschiddlech Bedierfnesser, mir hunn ënnerschiddlech Belaaschtungen, sief et beim Verbrauch wéi och wat de Gewässerschutz ubelaangt, soudass mer och eng Andeelung gemaach hunn deemools vun Industrie, vu Landwirtschaft an ebe vun Haushalter. An och do sti mer, mengen ech, nach ëmmer hannendrun. An da waren natierlech och eng Rei vun anere Punkte wéi Renaturéierung, Héichwaasser an esou weider och schonn erwäänt ginn.

An dofir mengen ech, dass dat Gesetz, wat 2008 op de Wee geluecht ginn ass vun eben, wéi virdru gesot, engem Minister aus der CSV, deemools eng richteg Moossnam war, well mer extrem Retarden haten hei am Land. An et ass u sech schonn traureg, dass een dat iwwerhaapt muss an de Mond huelen, dass mir hei am Land weder de Waasserschutz nach den Ofwaasserschutz seriö geholl hunn an deene vergaangene Joren an dass mer dofir eben och souguer eng Strof vu Bréissel kritt hunn, déi och haut nach de Budget belaascht!

Ech denken, dass et héich Zäit gëtt, dass mer éischter iwwert d'Qualitéit vun eisem Waasser an Ofwaasser schwätzen, wéi iwwert d'Präisser. Ech denken, ech kommen och méi spéit a mengen Ausféierunge ganz kuerz drop zréck, firwat fir mech de Präis hei wierklech net méi an de Vierdergrond soll gestallt ginn, mä endlech eng seriö Ausenanersetzung iwwert d'Qualitéit souwuel vum Drénk- wéi vum Ofwaasser.

D'Gesetz huet awer missen op de Leescht geholl ginn. Meng Virriedner an de Rapporteur hunn dat ganz kloer gesot: Et waren Defiziter do a mir sinn eben net esou séier weiderkomm, wéi mer dat gehofft haten. Och déi immens héich Subventiounen, déi mer trotzdeem nach ëmmer haten, hunn net derzou gefouert, dass effektiv weder Schutzmoossnamen ëmgesat goufen nach dass Kläranlagen an där Schnellegkeet hu missen entstoen (veuillez lire: dass effektiv Schutzmoossnamen ëmgesat gi wären oder dass Kläranlagen an där Schnellegkeet entstane wären, wéi se hätte missen), fir dass dat och weidergeet. Dofir sinn Adaptatiounen duerchgefouert ginn an eppes, wat ee vu menge Virriedner virdrun zum Schluss gesot huet, wat ech och ganz staark wëll ënnersträichen, dat ass d'Adaptatioun un de Klimawandel.

Zwee Prinzipien huet de Klimawandel: Éischtens, mir mussen en eindämmen. Mir musse kucken, dass mer de Klimawandel net méi beschleunegen an dofir Moossnamen aféieren. Awer dat Zweet ass gradesou wichteg an ech mengen, déi Erausfuerderung gëtt vill méi grouss. Hei am Land spiere mer se och, mä an den Entwécklungslänner ass dat nach vill méi dramatesch, dat ass d'Adaptatioun un de Klimawandel.

A wa mer hei Héichwaasserschutz soen, ass dat och eng deels Adaptatioun un de Klimawandel, wann ech och un déi schrecklech Katastroph vum leschte Joer zréckdenken, wou wierklech e Plazreen erof komm ass. An déiselwecht Situatioun, wëll ech Iech nëmme soen, hate mir virun dräi Wochen zu Réimech, wou mer innerhalb vu 35 Minutten iwwer 35 Liter haten, wou och nach Knëppelstäng derbäi waren, esou zougaangen. An et ass e Gäertner ënnen an eisem Dierfchen, deen ënnerhalb vu siwe Minutten 1,50 Meter (veuillez lire: Waasser) a sengem Buttek stoen hat. Dat si Situatiounen, déi mer kengem wëlle wënschen, an dofir ass et wichteg, dass mer alles maachen, fir déi Adaptatioun esou gutt wéi méiglech an de Grëff ze kréien.

Et sinn eng Rei Adaptatioune gemaach ginn. Ech wëll déi net all widderhuelen. Ech huelen der e puer. Ech mengen, dass et ganz kloer eng Verbesserung ass, wat den Drénkwaasserschutz ugeet. Dat seet hei jiddwereen. Alleguerten d'Virriedner hunn dat an de Vierdergrond gestallt, dass déi Schutzzonen onbedéngt mussen endlech an Ugrëff geholl ginn an dass do och eng ganz Rei vu positive Moossnamen elo komm sinn, Moossnamen, fir éischtens d'Subventioun an d'Luucht ze setzen, awer och d'Leit net eleng ze loossen. Ech mengen, dat ass wichteg.

Et ass virdru vun der Landwirtschaft geschwat ginn, d'Landwirtschaft hätt immens Oplagen. Et muss een awer soen, dass d'Landwirtschaft haut awer eng ganz Rei vu positive Begleetmoossname kritt. An dëst Gesetz mécht jo och eng Ouverture, dass mer endlech och Subventiounen iwwert de Waasserfong deene kënnen zeguttkomme loossen, déi eppes Effektives maachen. Si hu wirtschaftlech Aboussen an dat soll d'Gesellschaft fir dee gudden Déngscht un der Gesellschaft och honoréieren. An dofir kënne mer dat nëmmen ënnerstëtzen, wann eng Moossnam an déi dote Richtung geet.

Natierlech ass d'Deckelung vun deem Fong (veuillez lire: néideg), well do ass eng Mass vu Suen, déi muss méiglechst gerecht opgedeelt ginn. Dofir geet dann eng Subventioun - an ech komme méi spéit dorop zréck -, déi vun de Kläranlagen, erof vu 65% op 50%. Och do sti mir als Gréng derhannert.

Ech denken, dass mir 100%eg hei zu deenen Ännerungen, oder net ech denken, mä mir stinn 100%eg zu dësen Ännerungen, well mir mengen, dass déi virgenannten Defiziter ganz kloer domadder kënne behuewe ginn.

Ech hu virdrun déi véier, fënnef Punkten ugeschwat, ech wëll déi eenzel eng Kéier ganz kuerz ofschaffen. Ech kommen dann op d'Drénkwaasser ze schwätzen. Drénkwaasser, ech mengen, dat ass och vum Rapporteur gesot ginn, wann et ee Gutt gëtt, wat mer misste schützen - a meng Virriednerin huet do souguer mat engem flotten Zitat opgehalen -, esou ass et fir mech och eng Selbstverständlechkeet, dass dat niewent der Loft, niewent dem Buedem d'Waasser ass; d'Waasser, fir ze liewen. Ech mengen, dat musse mer ganz kloer ënner Schutz stellen an dofir ass et och wichteg, dat ze maachen.

Mir hunn haut eng Produktioun - dat ass och scho gesot ginn - vun 120.000 m³ am Dag. Obschonn eis Bevëlkerung zouhëlt, esou hëlt awer de Verbrauch pro Kapp of. Et misst een awer elo eng Kéier d'Analys maachen, wou dann elo déi Pro-Kapp-Zuelen hierkommen. Ob et an deene Gemengen duerchgezu gëtt, wou e käschtendeckende Präis ass, wou en éierleche Präis ass, oder do, wou keen éierleche Präis ass. Et géif mech interesséieren, déi Analys eng Kéier ze maachen.

D'SEBES baut jo aus. Mir hunn et ënnerstëtzt, souwuel vum Stat, mir haten e Gesetz hei gestëmmt, net grad näischt, 166 Milliounen Euro investéiere mer an d'SEBES-Anlag, fir méiglechst gutt Waasser kënnen ze produzéieren. Awer och, well mer schonn am Virfeld mussen deels Pestiziden oder aner Partikelen aus dem Drénkwaasser, dem Uewerflächewaasser eraushuelen, well mer kee Schutz virdrun hunn, soudass mer am Nachhinein - dat ass déi „end of pipe"-Mentalitéit - immens mussen investéieren, fir dat ze maachen. Dofir ass et wichteg, dass mer d'Drénkwaasser direkt ënner Schutz huelen.

Et ass jo awer och traureg, dass mer déi lescht Joren hu misse Quellen zoumaachen - Quellen zoumaachen! -, well mer deels Pestiziden, Nitrater an ech weess net wat nach alles fonnt hunn, Metazachlor. Dir kennt déi ganz Diskussioun, déi mer doriwwer haten. Dofir ass et e Schutz, deen onbedéngt éischt Prioritéit muss kréien, an dofir kënne mer dat nëmmen ënnerstëtzen! An dofir sollte mer net de Bauer an den Eck stellen. Mir hëllefen him jo, dat esou gutt wéi méiglech ëmzesetzen.

Et ass ëm déi Drénkwaasserschutzzone gaange virdrun an der Erklärung. Fënnef sinn der ausgewisen, siwe sinn der praktesch duerch a virun enger Woch oder zwou Woche sinn der nach eng Kéier dräizéng am Regierungsrot ugeholl ginn. Ech mengen, dass mer elo dee Retard lues a lues (veuillez lire: opschaffen), wëssend, de Rapporteur hat et gesot, 80 musse mer der ausweisen, an dat sinn der nach ganz vill. Ech mengen, et ass vun 10% vun der Landfläch geschwat ginn. Mä déi 10% sinn awer net onbedéngt bei de Baueren oder an der Landwirtschaft ze sichen. Et sinn der och ganz vill an de Bëscher respektiv souguer och an de bebauten Zonen an et ass do, wou de Schutz ganz prioritär muss ugesat ginn.

Et ass gesot ginn: „D'Primme ginn an d'Luucht", och schonn am PDR. Et muss een och soen, am PDR, dat heescht, am Gesetz vun der Landwirtschaft si scho Moossnamen do, fir dat ze ënnerstëtzen. Ech wëll drun erënneren: Virun 30 Joer ass déi Moossnam schonn a Bayern duerchgefouert ginn, d'Stadtwerke München hu scho virun 30 Joer e Kontrakt mat hirer Landwirtschaft gemaach, fir dat Einzugsgebitt vun hire Quellen esou gutt wéi méiglech ze schützen. An deemools ass dee Projet an d'Liewe geruff ginn, fir déi duerch eng aner Bewirtschaftung, awer och duerch Transfergelder, déi aus dem Drénkwaasser a Richtung vun der Landwirtschaft gaange sinn, ze ënnerstëtzen.

Da kommen ech zu de Kläranlagen. Dat war en zweete Punkt, wou mer - an dat ass och scho virdru gesot ginn - e wahnsinnegen Defizit awer hunn. Ech mengen, et ass awer schonn traureg, dass mer all Dag 2.800 Euro mussen op Bréissel schécken, well mer en Defizit do hunn. An ech wëll do op kee mam Fanger weisen. Ech weisen op meng eege Stiedchen: Mir hunn zwanzeg Joer gebraucht, bis mer e Standuert fonnt hunn, fir eng Kläranlag ze bauen. Ech kucken net op..., neen, mir kucken op eis selwer. Dofir, mir hate laang genuch d'Moyenen, fir déi Kläranlagen ëmzesetzen.

Mir hunn elo endlech eng Kläranlag op der Uewermusel, déi Réimech zesumme mat Schengen a mat Pärel bedreift, also déi vun der anerer Säit. Dat heescht, mir hu probéiert, dee Projet grenziwwerschreidend duerchzezéien, mä mir hunn awer zwanzeg Joer gebraucht! Mir hunn et net fäerdegbruecht, zu Lëtzebuerg en Terrain ze fannen, dofir si mer op eemol an Däitschland eriwwergaangen, fir deen Terrain ze fannen. Dat ass awer en Defizit, deen an der Kompetenz vun de Gemenge louch. Dat war, well keng Gemeng dat deemools wollt iwwerhuelen. Dofir däerf een haut net soen, dass mer elo bestrooft gi vum Stat, dass d'Gemengen net séier genuch gaange sinn.

Mir haten Zäit, ausräichend Zäit, an ech si frou, dass d'Ënnermusel zu Maacher - de Kolleeg Buergermeeschter ass de Moment net heibannen -, mä och zu Maacher si mer endlech esou wäit, dass déi Ënnermusel, sämtlech aner Gemenge vun der Musel kënnen ugeschloss ginn, soudass mer deen Defizit (veuillez lire: behuewen hunn). Et war ni eng Prioritéit op der Musel, eng Kläranlag ze bauen. Et huet ee jo ëmmer gemengt: „Oh, déi Musel ass grouss genuch, die wird es schon richten." Dat gi mer da weider, wëssend, dass déi Däitsch an d'Hollänner mussen aus der Musel respektiv aus dem Rhäin hiert Drénkwaasser eraushuelen. Dofir ass dat net verantwortungsvoll vis-à-vis vun deene Länner. Dofir ass et wichteg, dass mer endlech op deem Punkt noginn.

Dass haut déi Subventiounen erofginn, dat kënne mer ënnerstëtzen, well et ass virdrun erkläert gi vum Här Kaes, dass mer och en Deel scho kënnen ofschreiwen. Dat ass och esou. An deen aneren Deel iwwerhuele mer do vun de Bierger, andeems mer soen, de Pollueur-payeur-Prinzip gëtt ugewannt, net nëmme bei de Bierger, mä bei de Secteuren, bei der Industrie, soudass mer e käschtendeckenden an och neutrale Gesiichtspunkt innerhalb vun der Gemeng hunn. An dofir ass et nëmme richteg, dass mer déi Applikatioun hei gemaach hunn.

Et muss een awer och derbäisoen, dass mer awer, an dat war d'Diskussioun an der Kommissioun, déi Iwwergangszäit, an do kann de Vertrieder vun der CSV jo awer och zoustëmmen, deen Delai vun 12 Méint op 24 Méint an d'Luucht gesat hunn, fir d'Dossiere fäerdeg ze kréien. En ass virdrun an dem Detail op déi Opschaffung vun deenen Dossieren agaangen. Ech denken, dass déi Grenz vun 12 op 24, also dass mer elo 24 Méint Zäit kréien, fir dat ëmzesetzen, ass genügend. An ech mengen, dass dat endlech och deen néidegen Drock wäert ausüben, dass mer eis Responsabilitéiten op Gemengenniveau iwwerhuelen an dass mer deen Defizit, dee mer wierklech 20, 30 Joer do haten, endlech kënnen opschaffen.

An da wëll ech iwwergoen op dee Secteur, deen elo derbäikomm ass, wou gesot gëtt, jo, dat ass dann d'Recuperéierung op aner Beräicher wéi den Haushalt. An ech hu mer awer d'Méi gemaach, ech hunn d'Statec-Analys geholl an ech hunn de Wuerekuerf eng Kéier analyséiert, de Wuerekuerf, wivill mir alleguerten hei an der Moyenne, wuel gesot an der Moyenne, ausgi fir eist Drénkwaasser an d'Ofwaasser. An dat gëtt jo gerechent op Promill, et si 718 Punkten, déi de Wuerekuerf beinhalten. A fir d'Waasser an deene ganze 718 Punkte si genau 5,3 Punkten opzeweisen. Fir d'Ofwaasser sinn et 2,2 Punkten.

Ech wëll Iech nëmme soen, mir hate vill Diskussiounen hei an der Chamber iwwert de Kaffi, Téi an esou weider. Fir de Kaffi an den Téi, vläicht sinn et déi Kapselen, déi dat esou deier maachen, do gi mer haut schonn 2,3 Punkten aus an der Tabell vun dem Statec, fir eise Konsum ze decken. Dat heescht, fir de Kaffi gi mer méi aus a mir reegen eis do net op, wat mer do ausginn. Fir d'Drénkwaasser an d'Ofwaasser zesumme sinn et ëmgerechent a Prozenter 1,04%. Ech wëll dat net bewäerten. Ech wëll just nëmme soen de Fakt, d'Tatsaach, dass et wierklech homeopathesch ass fir d'Waasser, en Drénkwaasser oder e Gutt, e Liewensmëttel.

Et ass kee Liewensmëttel, wat esou propper ass, esou oft iwwerpréift a kontrolléiert gëtt vun de staatlechen Instanzen a vun de Gemengen. An all Gemengepappen a -mamme sinn esou responsabel vis-à-vis vum Drénkwaasser, dass se alles (veuillez lire: maachen), Dir wësst, dee Chaos, deen entsteet, dat héiert ee jo iwwert d'Medien, wann emol d'Drénkwaasser huet missen zougemaach ginn an et ass kee Responsabelen an deem Beräich, dee sech wëllt op den Hutt schreiwe loossen, dass en do eppes falsch gemaach huet.

Dofir mengen ech, dass mer dat endlech musse relativéieren, wat eist Drénkwaasser wäert ass, an dofir mengen ech, dass et e gudde Rappell ass, eng Kéier hei haart an däitlech ze soen, wat dat ass.

Sécher seet ee mer: Et ass kloer, et ass eng Moyenne. Jo, mir wëssen och, dass do am sozial schwaachen Akommes en Defizit ze sichen ass. Mä do mengen ech awer, an dat hunn ech an den Diskussioune vun dem viregte Gesetz 2008 nogelies, deemools stoung an de Rapporte ganz kloer, déi sozial Moossnamen, d'sozial Instrumenter sollen esou agesat ginn (veuillez lire: esou agesat ginn, dass dat sech ausgläicht). Et gëtt vun den Allocations de vie chère geschwat. An an all deene Gemengen, wou ech nokontrolléiert hunn, wou ee käschtendeckende Waasserpräis ass, sinn och d'Allocations de vie chère vun deene jeeweilege Gemengen esou an d'Luucht gesat ginn, dass et deenen entgéintkënnt, déi et wierklech néideg hunn. An dat ass och dat, wat ganz wichteg ass.

Dat sinn déi Punkten, déi aus eiser Siicht, mengen ech, begrënnen, firwat mir hei zu dësem Gesetz stinn, firwat mir dat hei zu 100% ënnerstëtzen. Ech mengen, dass net alles ëmmer 100%eg ass. Ech mengen, dass d'Richtung (veuillez lire: stëmmt), an dat ass dat Wichtegst, dass mer d'Drénkwaasser insbesondere richteg ënner Schutz huelen iwwert de Waasserschutz. Ech wëll net déi Prozenter nennen, well déi sinn och erschreckend. Wéi ass et? 2% vun eisem Uewerflächewaasser sinn an der Rei! Ech mengen, eleng déi Zuel mécht d'Importenz an och d'Urgence vun dësem Gesetz däitlech.

Da kommen ech zum Schluss, an do wëll ech awer och gären op den Héichwaasserschutz kommen. Ech kommen aus enger Stiedchen, déi iwwert d'vergaange Jorzéngten, Jorhonnerten ëmmer geplot war mam Héichwaasserschutz oder mat Héichwaasser. Sécherlech, d'Héichwaasser, esou wéi et soss war, näämlech dass et an deene grousse Flëss eriwwerkomm ass, wäert sech reduzéieren, well et kënnt éischter an deene klenge Baachen, well d'Wieder ganz anescht ass. Wa mir kee Schnéi an de Vogesen hunn an och net dee Reen, deen am Fréijoer war an de Schnéi dann entspriechend zum Schmëlze bruecht huet, da kréie mir och keen Héichwaasser.

Dat heescht, mir wäerten dat awer wohlwollend op der Musel, mä net nëmmen op der Musel, ophuelen, dass den Héichwaasserschutz, esou wéi dat an Däitschland och de Fall ass, mat 90% subventionéiert gëtt. Awer gradesou wichteg ass d'Renaturéierung. Et ass näämlech dat, wat et wichteg mécht, dass dat Waasser do opgeholl gëtt, wou et sech ausdeene kann, an dass déi Flächen dann och zu 100% ënnerstëtzt ginn an och subventionéiert an dass net nëmmen déi staatlech oder kommunal Institutiounen, mä dass awer och d'Privatleit, déi an deem Fall sinn, kënnen déi Ausweisung maachen an awer och déiselwecht Subventionéierung kréien.

Dofir kann et nëmmen en duebele Jo sinn - de Rapporteur hat schonn eng Kéier de Jo gesot - vun der grénger Fraktioun, awer och mäin Onversteesdemech, firwat déi gréissten Oppositiounspartei - woubäi et hiert Gesetz ass, dat deemools op de Wee geluecht ginn ass - haut dëst net kann ënnerstëtzen. Et ass e Bedaueren, mä trotzdeem si mir frou, dass mer hei, déi grouss Majoritéit an déi richteg Richtung geet. An ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kox. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Madamm Presidentin. Effektiv, et ass schonn e puermol hei de Mëtteg gesot ginn, spéitstens déi klimatesch Verhältnisser aus deene leschte Wochen a Méint hunn erëm eng Kéier ganz kloer de Bewäis erbruecht, wéi wäertvoll Waasser ass. Och wann et gëscht an haut e bësse gereent huet - mä dat ass nëmme Gekëddels fir d'Natur -, hu mer awer spéitstens elo gemierkt, wat de feelende Ree vun negative Konsequenzen net nëmme fir d'Landwirtschaft, mä virun allem awer och fir eis Gewässerleef ka mat sech bréngen.

Ech wëll drun erënneren, datt am leschten hydrologesche Wanter zum Beispill nëmmen 251 Millimeter Ree gefall sinn. Dat waren nëmme 55% vun der Moyenne. Am Mee dëst Joer sinn 39,7 Millimeter gefall an do läit u sech normal d'Moyenne bei 77,3. Och an de leschte Wochen, wéi gesot, huet et praktesch guer net gereent.

Et ass just eemol méi ze bedaueren, datt esou Situatioune musse kommen, fir datt mer eis eemol méi erëm Gedanke maachen, wat dann de Wäert vum Waasser ass, datt mer eis wierklech Froe stellen, wéi mer d'Qualitéit vun eise Gewässerleef verbessere kënnen. Well dat misst u sech eng Konstant sinn. Mir missten eis u sech all Dag d'Fro stellen: „Wéi kënne mer d'Waasser méi respektéieren?" Mä et ass wéi oft am Liewen, datt, wann et engem gutt geet, ee ganz séier déi Zäiten ignoréiert, wou et engem manner gutt geet.

Mir hunn och hei zu Lëtzebuerg ganz seriö Problemer mat der Qualitéit vun eise Gewässer. Wann een do d'Statistik kuckt, da musse mer eis net onbedéngt bretzen. Mir hunn u sech keen Iwwerflächegewässer - ech soen dat ganz kloer nach eng Kéier hei -, keen Iwwerflächegewässer, wat de Prädikat „ganz gutt" verdéngt. 23% weisen eng onbefriddegend Qualitéit op an 8% hunn esouguer carrement de Prädikat „schlecht" verdéngt. A wann een dann och de chemeschen Zoustand vun eise Gewässer kuckt, dann ass u sech praktesch kee Gewässer hei vu Lëtzebuerg, wat déi noutwendeg Normen erfëllt.

A wa mer dann och déi berüümte Waasserramerichtlinn eng Kéier analyséieren, wou mer jo schonn e puermol, kann ee soen, Rallongë gefrot hunn, da weess een, datt mer bis d'Joer 2027 op Basis vum Artikel 4 eis Gewässer mussen an en anstännegen Zoustand bruecht hunn. Ech wëll net onbedéngt e schlechte Prophéit oder negative Prophéit fir d'Zukunft sinn, mä ech géif elo scho bal all Wett mat agoen, datt mer dat och bis dohinner net wäerte fäerdegbréngen.

Jiddefalls als Fazit kann een direkt soen: Et mussen hei zu Lëtzebuerg nach enorm Efforte gemaach ginn, fir souwuel d'Qualitéit vun eise Gewässerleef wéi awer gegebenenfalls och d'Qualitéit vun eisem Drénkwaasser ze verbessere. Duerfir ass et, wéi gesot, och ze begréissen, datt mer haut eng Upassung vum Gesetz vun 2008 virhuelen, och wann een oder deen anere Punkt natierlech zu méi Diskussioune wäert Ulass ginn an och vläicht net onbedéngt iwwerall zur gréisster Zefriddenheet wäert geléist ginn.

Eppes ass ganz kloer an deem neie Gesetz: Ee wesentleche Punkt ass eng nei Tarifikatioun. Mir féieren eng nei Kategorie an, eng véiert Kategorie. Dat ass den Horeca-Secteur respektiv d'Campingen. Effektiv, dat ass hei scho gesot ginn, déi hunn natierlech saisonal Schwankungen an dowéinst menge mir och als Demokratesch Partei, datt et richteg ass, fir hei en zousätzleche Secteur virzegesinn.

Wa Waasser fir kommerziell Zwecker genotzt muss ginn, muss een natierlech aner Iwwerleeunge spille loossen. Ech wëll allerdéngs direkt hei ënnersträichen, datt dat awer net onbedéngt e Fräifaartsschäi soll sinn, fir Waasser einfach esou ze benotzen, mä och Waasser muss an deem Beräich ganz kloer mat enger grousser Virsiicht genotzt ginn an et muss virun allem gespuert ginn.

Ech wëll dann awer och nach eng Kéier op den Artikel 4 hiweisen, dee méi direkt och d'Landwirtschaft betrëfft. Nun, als President vun der Agrarkommissioun ass een natierlech frou, datt hei versicht gëtt, och am Interêt vun der Landwirtschaft eng Rei Decisiounen zréckzebehalen, virun allem déi zum Beispill, wa Véi op der Weed ass a se saufen do Waasser aus dem Trach, dat elo aus engem Flosslaf genotzt gëtt, datt dat u sech net méi verrechent gëtt, wat eng positiv Entwécklung ass, wat och kann derzou bäidroen, datt och eenzel Bauere vläicht éischter derzou animéiert ginn, fir hiert Véi net méi d'ganzt Joer am Stall stoen ze loossen, mä fir et emol eng Kéier op d'Weed eraus ze loossen.

Da si mer natierlech ganz séier bei der Diskussioun vum Waasserpräis. Do gëtt et u sech natierlech tëschent der Regierung an der CSV, ben, fundamental Differenzen. Woubäi ech haut aus dem Mond vun dem CSV-Spriecher net direkt héieren hunn, datt e sech och derfir

agesat huet, fir en eenheetleche Waasserpräis fir d'Menagen duerch d'ganzt Land ze fuerderen. Dat ass eng Fuerderung, déi awer ëmmer erëm hei vun CSV-Spriecher, an ech ginn dervun aus, en huet jo awer dann och d'Mandat vun der ganzer Partei, gemaach gouf, datt soll am ganze Land en eenheetleche Waasserpräis fir d'Menagen elo festgehale ginn.

Ech wëll ganz däitlech hei ënnersträichen, datt dat eng Fuerderung ass, déi op daf Ouere bei der Demokratescher Partei fält. Mir als DP hunn do eng aner Approche. Mir sinn der Meenung, datt een net soll en eenheetleche Waasserpräis hei zu Lëtzebuerg aféieren, virun allem aus dräi Haaptgrënn:

Éischtens emol ass et en direkten Agrëff an d'Tariffautonomie vun de Gemengen. An ech mengen, Dir sidd jo awer och eng Partei, déi sech ëmmer fir d'Autonomie vun de Gemengen asetzt.

Dann däerf een awer och net vergiessen, datt d'Käschte fir d'Berechnung vum Waasserpräis awer vu Gemeng zu Gemeng enorm variéiere kënnen, woubäi ech Verständnis hunn, datt natierlech eng kleng Landgemeng, wat eleng de Reseau ubelaangt, vill méi Ausgaben a priori huet. Mä duerfir huet awer eng aner Gemeng op där anerer Säit och aner Depensen, déi eng kleng Landgemeng net huet.

An dann ass et virun allem ee Punkt, ee wesentleche Punkt, dat ass deen, wa mer en eenheetleche Waasserpräis hei zu Lëtzebuerg aféieren, da beloune mer an éischter Linn déi Gemengen, déi e bëssen de Luusspätter spillen, déi net gewëllt sinn, grouss Investissementer ze maachen am Interêt,...

(Interruption)

...dach, dach, grouss Investissementer am Interêt vum Waasserschutz ze maachen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Dat ass fir eis e wesentleche Punkt, firwat datt mir zum Beispill als Demokratesch Partei géint en Eenheetswaasserpräis sinn. Mir sinn der Meenung, de Prinzip vum Pollueur-payeur soll och um kommunale Plang seng Berechtegung hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass natierlech och besonnesch den Artikel 5 vun dësem Gesetz ganz interessant. Hei geet et jo natierlech ëm d'Kompetenz vum Waasserschutz. Déi ass laut dem aktuelle Stand natierlech bei de Gemengen ugesidelt. D'Gemenge si responsabel, fir d'Klärung vun den Ofwässer virzehuelen. Et ass duerfir an eisen Aen trotzdeem inakzeptabel, datt et awer nach ëmmer déi eng oder déi aner Gemeng duerch d'Land gëtt, déi mengt, dat wier esou e klenge Kavaléiersdelikt, wann een net géif déi néideg Efforte maachen, fir d'Ofwaasser anstänneg ze klären.

Ech muss och éierlech soen, ech war awer liicht verwonnert - liicht verwonnert, fir net méi ze soen! -, datt de Vertrieder vun der CSV, an ech gi jo dervun aus, datt dat och d'Meenung vun der ganzer Partei ass, hei awer reng präislech Iwwerleeungen an de Vierdergrond gesat huet vis-à-vis vun der Qualitéit...

Une voix.- Bravo! Exzellent!

Une autre voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP)*.- ...vun eise Gewässer. Bon, d'CSV muss dat da mat sech ofmaachen.

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Dat ass net richteg!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ech, wéi gesot, mengen awer nach ëmmer, datt, och wann d'Gemengen d'Responsabilitéit hunn - doriwwer kann een diskutéieren, ech kommen nach eng Kéier dorobber zréck -, d'Gemengen hei awer eng grouss Responsabilitéit hunn an datt net a priori nëmmen de Präis däerf ausschlaggebend sinn, wann et ëm d'Qualitéit vun eise Gewässer geet.

Dowéinst, wéi gesot, datt elo an dësem Gesetz virgesinn ass, datt eng gewësse Penalitéit, Sanktioun vis-à-vis vun eenzelne Gemenge kënnt, déi et an engem Zäitraum vun dräi Joer nach ëmmer net fäerdegbréngen, fir hir mechanesch Kläranlagen duerch eng biologesch ze ersetzen, datt déi doduerch mussen eben d'Taxe de rejet 100% verdeiert kréien, fannen ech awer eng ganz valabel, richteg Decisioun. Well et soll een elo net soen: „Am Zäitraum vun dräi Joer kann ech net ëmsuedelen." Well dee Problem ass jo awer net eréischt zënter dräi Joer bekannt!

(Brouhaha)

De Problem ass zënter Jorzéngte bekannt. Zënter Jorzéngte bekannt! Hei solle mer elo net eng Gemeng géint déi aner ausspillen. Mä mir wësse jo awer, datt et eenzelner gëtt, déi mengen, et wier méi wichteg, en deieren, schéine Centre culturel ze baue wéi emol eng anstänneg, effikass Kläranlag. Dat ass eng politesch Decisioun. Mä da brauchen déi Gemengen...

(Brouhaha)

Da brauchen déi Gemenge sech awer och net ze wonneren, wann elo emol eng Kéier de Stat higeet a seet: „Sou, elo geet et duer, elo zéie mer emol e bëssen d'Schrauf zou, an da bezuelt Der eben elo eng Taxe de rejet, déi méi héich ass!"

Datselwecht gëllt och fir déi Moossnameprogrammer. An déi Moossnameprogrammer...

Une voix.- Vu wat fir engem Programm schwätzt Der do, Här Graas?

M. Gusty Graas *(DP)*.- Déi Moossnameprogrammer sinn och net onbekannt. Déi si schonn zënter Jore vum Stat festgeluecht, an zënter Jore kréien d'Gemengen déi matgedeelt an zënter Jore ginn d'Gemengen en Avis of an zënter Jore wëssen d'Gemengen och, wat op se duerkënnt.

(Interruption)

Ech wëll allerdéngs, ech si jo selwer e klenge Kommunalpolitiker. Et ass e bëssen eng Autokritik. Woubäi ech awer kann dann...

(Hilarité)

Woubäi ech awer dann däerf soen...

Une voix.- Maacht lech net méi kleng, wéi Der sidd!

M. Gusty Graas *(DP)*.- ...- hei sinn der jo zwee, déi mech kontrolléieren -, datt zumindest meng Gemeng op deem Niveau net onbedéngt sënnegt.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Graas, den Här Kaes wollt eppes soen. Oder hutt Der léiwer, wann en zum Schluss vun Ärer...?

Une voix.- An der Froestonn!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Also, ech weess, datt den Här Kaes ëmmer ganz pertinent Froe stellt, duerfir däerf en déi selbstverständlech roueg stellen.

M. Aly Kaes *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wollt u sech just nëmmen den Här Graas froen, ob hien net gutt nogelauschtert huet, wéi ech déi Saach erkläert hu vun den 1,74 Euro, wou ech gesot hunn, datt déi Gemengepappen a -mammen, déi eben net begeeschtert sinn, deen neidegen Invest hei ze maachen, datt déi u sech nach encouragéiert ginn. An datt mer dat net gutt fannen, hunn ech och nach derbäigesot - net gutt fannen! -, wann een do net seng Responsabilitéit als Gemengeverantwortlechen iwwerhëlt.

Et kann ee mer net hei ënnerstellen, ech hätt versicht, déi och nach iergendwéi a Schutz ze huelen. Et geet ganz kloer drëm, datt effektiv déi, déi sech schwéierdinn, an där Hisiicht eppes ze maachen, datt déi effektiv och nach encouragéiert ginn, well se maximum eng Charge vun 1,74 Euro pro m³, laut deene Sanktiounen, kënne kréien iwwert d'Taxe de rejet.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Här Kaes, Dir hutt mir da wahrscheinlech och elo net richteg nogelauschtert, well ech ganz kloer gesot hunn: „Déi Problematik do ass net vun haut an déi ass net vu gëscht." Och déi Gemenge wousste scho joren-, jorzéngtelaang, datt se enorm Retard hunn, a se hunn sech all déi Joren derlaanscht gedréckt a si hu gemengt, et wier keng Prioritéit, an de Gewässerschutz ze investéieren.

Da brauche se sech net ze wonneren, datt eemol den Dag kënnt, wou ee seet: „Elo, wann ech gelift, elo musst Der reagéieren, oder Dir musst eng gewësse Penalitéit entriichten!" Also ech mengen, dat kënne mer net falsch maachen. Et wier net fair, an ech wëll dat och net maachen, hei eng Gemeng géint déi aner auszespillen. Mä mir wëssen, mir wësse ganz kloer, datt de Gewässerschutz an där enger Gemeng eng Prioritéit huet an an där anerer Gemeng eng manner grouss Prioritéit huet.

Bon, wat eben, wéi gesot, elo de Gesetzesprojet u sech ubelaangt, si mir grosso modo mat deene meeschte Punkten d'accord. Et ass ee Punkt, wou ech herno nach kuerz wäert drop zréckkommen. Ënner anerem ass jo elo virgesinn, wat eng Evidenz ass, datt et verbueden ass, geféierlech Substanzen an d'Waasser ze rejetéieren. Jo, mir fuerderen allerdéngs, datt do eng gewësse Proportioun respektéiert gëtt, wann et erlaabt ass, déi kleng Remarque hei ze maachen.

Wa mer schonn de Fëscher penaliséieren, well en en halleft Pond Fudder ze vill an d'Waasser geheit, wat zum Deel och net ganz falsch ass, da wëll ech awer op där anerer Säit hunn, datt och dann déi Betriber, déi Gemengen, déi awer och problemlos eppes an d'Waasser ofloossen, wat net garantéiert ass, datt déi dann och mat därselwechter Verve vläicht an Zukunft wäerten dee Moment sanktionéiert ginn.

Datt mer an Zukunft och verstäerkt mussen op alternativ Energië setzen, ass evident. Dat ass en Thema, deen andauernd och hei zur Diskussioun steet, zu Recht. Da si mer natierlech och bei dem Waasser. Wéi wäit kënne mer Waasser notzen, zum Beispill fir Elektresch ze produzéieren? Och do muss een allerdéngs realistesch sinn. Notze vu Waasser, fir zum Beispill Stroum hierzestellen, bréngt och nei ekologesch Problemer mat sech. Wat heescht dat? Dat heescht, en Agrëff an d'Morphologie vun engem Gewässerlaf. Och dat däerf een natierlech net ignoréieren.

Mir wëssen, datt dat zu enger Rei vu Problemer op de Gewässerleef féiert. Dat ka grav Konsequenzen och fir d'Biologie vun engem Gewässerlaf hunn. Dowéinst soll een dat och ëmmer mat enger gewëssener Reserv gesinn. A mir bleiwen nach wie vor der Meenung, Jo zur Notzung vum Waasser, fir alternativ Energie ze produzéieren, awer Neen, wann et gläichzäiteg zu enger Zerstéierung vun enger natierlecher Morphologie vun engem Gewässerlaf féiert.

Dat bréngt mech dann natierlech och zu engem wesentlechen Aspekt vun dësem Gesetz, dat ass d'Renaturéierung. An och do muss ee ganz éierlech sinn. Mir hunn - a wann ech soen „mir", dann ass dat parteiiwwergräifend, well et ass ëmmer nach d'Politik, déi responsabel ass -, mir hunn enorm gesënnegt do an deene leschten, ech soen net an deene leschte Joren, ech soen och net an deene leschte Jorzéngten, mä ech ka roueg soen, an deem leschte Jorhonnert. Do sinn effektiv ganz vill Gewässerleef haart verbaut ginn, déi natierlech Struktur ass zerstéiert ginn. An et gëtt bal keng Gemeng, bal keng Gemeng am Land!, déi net ka soen, datt och op hirem Gebitt nach iergendwéi eng Baach oder e Gewässerlaf haut an enger onnatierlecher Struktur sech presentéiert. Dat däerf, dat kann net méi sinn!

Wat mer näämlech oft ënnerschätzen, dat ass virun allem awer och déi Stäerkt vun der Selbstrengegungskraaft, déi entsteet, wa mer erëm e Gewässerlaf an eng natierlech Morphologie zréckversetzen. An heiansdo freet ee sech: Firwat hu mer net de Courage, fir dat méi ze maachen? Well mer eben nach ëmmer dat Denken hunn, et muss alles propper sinn, et muss alles riicht gezu sinn. Dat muss der Vergaangenheet ugehéieren.

Duerfir fannen ech et och ganz gutt an dësem Gesetzesprojet, datt elo zum Beispill och Privatpersounen, datt zum Beispill och Gesellschaften, elo eligibel sinn, wa se e Projet eraginn. Da kann, wéi gesot, och eng Renaturéierung op déi Manéier gemaach ginn. Dat wäert och vill Leit dozou incitéieren, fir endlech och méi aktiv op deem Gebitt ze ginn. Ech denken zum Beispill och u Besëtzer vu Millen. Wou, an der Zäit, ech verstinn dat och, do war en aneren Zäitgeescht, do sinn Däicher amenagéiert ginn, do si Kanäl amenagéiert ginn. Mä dat huet enorm vill Schued un de Gewässerleef mat sech bruecht. Datt mer déi Leit also haut verstäerkt ufänken ze ënnerstëtzen, wa se bereet sinn, och déi Barrièren eng Kéier opzehiewen, ze zerstéieren. An dat ass e wesentlechen Aspekt och vun dësem Gesetz.

Ech wëll och drun erënneren, datt zum Beispill elo ronn 21 Projeten an der Planung sinn. 5,9 Millioune goufen an deene leschten dräi Joer do fir d'ekologesch Duerchwanderbarkeet investéiert. Dat sinn iwwregens Informatiounen aus enger Äntwert op eng Question parlementaire, déi ech zesumme mat mengem Fraktiounskolleeg Änder Bauler gestallt hat. An et ass och richteg, datt mer op deem Wee weiderginn.

Natierlech befanne mer eis do permanent an engem gewëssene Spannungsfeld tëschent privaten Interessen an och allgemengen Interessen. An da si mer och bei der Duerchwanderbarkeet vun eise Gewässerleef, déi nach enorm vill Defiziter opzeweisen huet. An datt do nach eng Rei Aarbechte musse gemaach ginn, ass net méi wéi normal.

A wat oft vergiess gëtt bei der Renaturéierung, mä dat ass awer och dee positiven Impakt, deen et op d'Iwwerschwemmungsgeforen huet. Dat gëtt jo vill ze vill oft ënnerschat. Wa mer Gewässerleef renaturéieren, huet dat och e positiven Impakt, wéi gesot, op d'Iwwerschwemmungsgeforen. Ech erënneren hei zum Beispill un den Iernzdall. Et gëtt elo gläich e Joer, datt do déi extrem Katastroph war. Duerfir ass et och gutt, datt elo déi Iwwerschwemmungskaarten do eng legal Basis kréien, datt se och méi respektéiert ginn, bei der Ausweisung vun den neie Lotissementer zum Beispill.

Richteg ass och, datt an Zukunft Bebauungszonen oder Zonen, déi an der Zone différée sinn, déi solle reklasséiert ginn, datt déi nëmmen däerfe reklasséiert ginn zum Beispill fir en nei Lotissement, wann a priori garantéiert ass, datt och déi néideg Waasserinfrastrukture garantéiert sinn.

An ech wëll elo net nëmmen op d'Waasserversuergung ze schwätze kommen. Ech bleiwen och der Meenung, datt keen, awer och wierklech kee Lotissement méi dierft hei am Land autoriséiert ginn, wann net a priori wierklech garantéiert ass, datt och d'Ofwässer op eng anstänneg Aart a Weis kënnen herno un eng Kläranlag ugeschloss ginn an och deementspriechend kënne gekläert ginn.

Dat bréngt mech och dozou, zum Beispill iwwert d'Flosspartnerschaften nach e Wuert ze verléieren. Mir hunn där e puer am Land, déi eng ganz gutt Aarbecht maachen. Ech gesinn dat souguer als komplementar zu der staatlecher Aarbecht, déi um Niveau vum Environnement, vun der Administration de la gestion de l'eau gemaach gëtt. Do entsteet eng eegen Dynamik. An dat ass och gutt esou. Déi Leit hunn heiansdo vläicht méi Fräiraum.

Datt dat elo nach ausgedeent gëtt op d'Iwwerschwemmungszonen, dat ass och ganz kloer ze verstoen. Woubäi een och ka soen, et kënnen net déi zwou Partnerschaften an enger zesummefléissen. Well, sech fir eng Flosspartnerschaft asetzen, heescht fir mech awer automatesch, sech gläichzäiteg och mat dem Volet vun der Iwwerschwemmungsproblematik auserneenzesetzen.

Dann natierlech d'Quelleschutzzonen. Jo, déi sinn hei de Mëtten natierlech och schonn e puermol ugeschwat ginn. Och do, soen ech ganz éierlech, brauche mer eis awer wierklech net ze bretzen. Ech erënneren nach eng Kéier un e Gesetz hei vum 27. Juni vun 1906. Ech war ni gutt an der Mathematik, ech mengen, et sinn 111 Joer hier.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Gutt drun erënnert.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Jo. Mir zwee waren derbäi.

(Hilarité)

Also, wann ech awer kucken, wat mer an deenen 111 Joer erreecht hunn, da brauche mer eis awer wierklech keng Medail unzespéngelen. Mir hu praktesch guer näischt erreecht!

Ech muss awer soen, datt zumindest ënnert dëser Regierung eng nei Dynamik entstanen ass.

(Brouhaha)

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Dat ass perfekt.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Dat ass och richteg, datt elo effektiv emol Bewegung an deen Dossier komm ass, datt nei Quelleschutzzonen ausgewise goufen. An dat ass jiddefalls ee Meritt, dee mer och ze schätze wëssen.

(Brouhaha)

Jiddefalls, déi Quelleschutzzonen, déi gi jo an dräi Kategorien agedeelt. Ganz kloer ass, et muss fir déi immediat Quelleschutzzonen an Zukunft eng Nulltoleranz ouni Zweifel gëllen. Well iwwert d'Grondwaasserqualitéit kënne mer eis jo ganz vill hei ausloossen. An et si Leit heibannen, déi Experte sinn op deem Gebitt. Ech mengen, déi géife mer awer net widderspriechen, wann ech géif soen, datt eist Grondwaasser hei zu Lëtzebuerg extrem héich Problemer huet.

Dann, wa mer scho beim Drénkwaasser sinn, wéi gesot, si mer och ganz séier beim Stausei vun Esch/Sauer, iwwert deen och villes ze soe wier. An dësem Gesetz ass jo ënner anerem och virgesinn, datt zum Beispill elo Booter, déi um Stausei do ronderëmdreiwen, ouni datt de Proprietaire sech drëms bekëmmert - do soen ech ganz éierlech: Dat muss der Vergaangenheet ugehéieren! -, datt mer hei ganz kloer Linne festsetzen, wéi dat an Zukunft soll geréiert ginn, dat ass net méi wéi richteg.

Den Artikel 19 vun dësem Gesetz, dee verfeinert dann den Artikel 46 vum besteeënde Gesetz. Hei geet et jo ëm d'Ausweisung vu Waassermassen, déi kënne genotzt ginn, theoretesch, zum Beispill fir d'Produktioun och vun Drénkwaasser. Mir hunn dee ganz grousse Privileeg hei zu Lëtzebuerg, datt mer jo praktesch kënnen aus dem Volle schëpfen, wéi een esou schéi seet op Lëtzebuergesch.

Mä op där anerer Säit däerf een net ignoréieren, datt vläicht awer an enger noer Zukunft, an d'Experte soen, esou ab 2025, 2030, sech och Problemer kéinte bei der Versuergung vum Drénkwaasser astellen. Datt mer eis dann awer och elo scho mussen eeschthaft Gedanken maachen: Wéi kënne mer eng Versuergung vun

der Populatioun a vun der Industrie och garantéieren? Et gëtt sech Gedanke gemaach: Wéi kënne mer aner Alternative sichen?

Ënner anerem soen d'Experte jo och, datt ee gegebenenfalls kéint Drénkwaasser aus der Musel produzéieren. Deen éischte Moment gesäit een dat e bëssen als futuristesch an illusoresch un. Technesch ass dat mat Sécherheet vläicht méiglech. Mir mussen allerdéngs eis och bewosst sinn, a mäi Virriedner, den Här Kox, ass schonn drop agaangen - d'Musel huet jo net onbedéngt de Ruff vun engem ganz kloren a proppere Gewässer -, datt do gewëssen Efforte gemaach gi sinn, mä mir wëssen awer och, datt d'Musel nach ganz grouss Problemer kennt, ënner anerem wat d'Temperatur ubelaangt, bedéngt och duerch d'Killwaasser vu Cattenom.

Mä zu dësem Zäitpunkt ass et awer och wichteg, datt mer eis Gedanke maachen: Wéi soll eis Drénkwaasserversuergung an 20, 30 Joer ausgesinn?

Dann natierlech wëll ech awer zum Schluss virun allem op dee Punkt ze schwätze kommen, deen, net zu Onrecht, soen ech ganz éierlech, zu villen Diskussioune gefouert huet an och nach wäert féieren. De Syvicol huet sech ganz kritesch do geäussert, anerer hu sech dozou geäussert. Et geet ëm, wéi gesot, dee berüümten Artikel 32 an zwar ëm déi staatlech Subventiounen, virun allem beim Bau vu Kläranlagen, wou jo den Taux elo vu 65% op 50% zréckgefouert gëtt.

Ech soen et ganz éierlech hei: Och an der DP ass keng grouss Well vun Euphorie ausgebrach, wéi mer deen Text do gelies hunn. A mir hunn eis och eis Gedanke gemaach. A mir bleiwen och, dat soen ech ganz offen hei, net skeptesch, mä trotzdeem hoffe mer jiddefalls, datt eis Befierchtunge sech net wäerten an deem Sënn ëmsetzen, datt elo vläicht de Contraire erreecht gëtt vun deem, wat hei gemengt ass.

D'Zréckféiere vu 65% op 50% kann - kann, ech schwätzen am Conditionnel! - derzou féieren, datt natierlech deen een oder deen anere Syndikat oder déi eng oder déi aner Gemeng der Meenung ass, datt se elo vläicht manner motivéiert wier, fir an d'Klärung vun den Ofwässer ze investéieren. Dat wier ganz schued. Dat wier ganz schlëmm. Ech hoffen, datt ech mech iren. Ob et dee richtege Wee ass, muss sech erausstellen.

Mä da si mer awer ganz séier bei der Diskussioun, ob et iwwerhaapt nach opportun ass, datt eleng d'Gemenge responsabel gemaach gi fir d'Klärung vun eisen Ofwässer.

Ech ginn lech e ganz einfacht Beispill: Mir hunn de Floss x, mir hunn d'Gemeng A, déi mécht maximal Investissementer, fir d'Klärung vun de Gewässer virzehuelen. Huele mer d'Gemeng B, déi mécht praktesch guer näischt: Dann hu mer dem Floss u sech net vill genotzt. Ob et dann net awer vläicht an der Iwwerleeung richteg ass, fir dann de Stat méi ze responsabiliséieren, mat dem Verbond vun de Gemengen? Vläicht géif dat och derzou bäidroen, datt nach méi eng Dynamik an d'Gewässerklärung kéim. Bis dohinner ass vläicht nach e wäite Reflexiounsprozess ze maachen.

Jiddefalls, eppes ass kloer: D'Gemengen hunn awer ëmmer d'Responsabilitéit a sollen och hir Responsabilitéit deementspriechend iwwerhuelen.

Et sinn awer natierlech nach eng Rei aner Punkten, déi ganz interessant, ganz wichteg an dësem Gesetz sinn. Zum Beispill, datt och elo bis zu 100% kënnen Etüden, nei Technologien ënnerstëtzt ginn. Ech denken och virun allem un déi sougenannte véiert Stuf, déi jo virgesinn ass an déi och muss kommen, wat, wéi gesot, d'Klärung vun iwwerméissege Medikamentereckstänn an den Ofwässer ubelaangt.

Dann och nach e Wuert zu dem Klorecht - dat ass hei elo de Mëtten nach net ernimmt ginn -, wat elo iwwerdroe gëtt op auslännesch Naturschutzorganisatiounen. Jo, wann een dat duerch e reng europäesche Brëll gesäit, da kann een dat guttheeschen. Ech sinn awer ganz éierlech: Wann e Lëtzebuerger Bierger elo vun enger auslännescher Naturschutzorganisatioun vläicht verklot gëtt, wat laut europäeschen Espriten, Dispositioune legitimm ass, legal ass, kann dat awer vläicht zu gewëssenen Diskussioune féieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kéint een nach ganz vill iwwert dat Gesetz hei soen, wat ënner anerem jo och e Finanzéierungsgesetz ass. Et geet hei rieds iwwer ganz vill Tauxen, et geet hei rieds iwwer ganz vill Ënnerstëtzungen, déi Privatleit, déi Gemengen, déi Syndikater zouerkannt ginn. Dat ass richteg, soss kéint de Gewässerschutz net op deem Niveau fonctionnéieren.

Ech wëll awer hei ganz kloer och nach betounen: Mir hunn eis vill Gedanke gemaach a mir maachen eis ëmmer erëm vill Gedanken iwwert de Waasserpräis. An ech enchaînéieren e bëssen dat, wat och mäi Virriedner hei vun deene grénge Kolleege gesot huet: Loosse mer eis awer och emol eng Kéier bewosst sinn, datt mer déi ganz, ganz grouss Chance hunn, hei zu Lëtzebuerg am Duerchschnëtt 3,5 Euro fir 1.000 Liter - fir 1.000 Liter! - héich qualitatiivt Drénkwaasser ze bezuelen! Ech fannen et awer ëmmer e bësse schued, wann dann - a besonnesch d'Gemengeverantwortlech kréien dat jo als Éischt ze spieren - eng Diskussioun lassgetrëppelt gëtt, well de Waasserpräis soll ëm 5, 10, 15% geheicht ginn. Da mengt ee bal, et géif eng nei Revolutioun ausbriechen.

Ech mengen, och do solle mer eis bewosst sinn, wat fir eng Chance datt mer hunn. An datt de Präis net soll a priori iwwer all Decisioun dominéieren. Wuel wëssend - wuel wëssend! -, datt et natierlech, selbstverständlech Leit gëtt, déi dat zu Recht aus engem anere Bléckwénkel gesinn. An do hu mer jo awer och Mechanismen, fir dann deementspriechend anzewierken.

Dowéinst, wéi gesot nach eng Kéier, ech hoffen, datt an Zukunft de Gewässerschutz, den Drénkwaasserschutz net marginal wäert behandelt ginn, au contraire, nach vill méi eng offensiv Politik wäert developpéiert ginn. D'Regierung soll wierklech opgefuerdert ginn, déi néideg Kreditter zur Verfügung ze stellen. An et soll kee kommen: „Et si keng Sue méi um Waasserfong." Dat däerf et net ginn! Dat däerf et net ginn, woubäi natierlech d'Geld net däerf egal wéi no baussen ausgedeelt ginn.

Mä ganz kloer muss et eng Prioritéit sinn, net nëmme fir dës Regierung, mä och fir déi zukünfteg Regierungen. Et ass eng grouss Erausfuerderung fir eis als Gesellschaft. Mir mussen zousätzlech gréisser Investissementer maachen. Et ass an eiser aller Interêt. Wa mer kee Waasser hunn - ech weess, et kléngt klischeehaft -, dann ass kee Liewe méi.

(Interruption par la présidence)

Ech gi mech elo, Här President.

Merci nach eng Kéier dem Rapporteur Gérard Anzia fir seng ganz gutt Aarbecht, déi e geleescht huet. An deem Sënn wäert ech selbstverständlech och den Accord vun der Demokratescher Partei ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och dem Kolleeg Gérard Anzia Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport iwwert dëse Projet, dee sech mam Drénkwaasser, mam Ofwaasser a mam Héichwaasserschutz befaasst.

Ech mengen, nodeem elo vill vun eise Kolleege scho méi an d'Detailer agaange sinn, wollt ech am Fong déi ganz Diskussioun e bëssen an d'Iwwerleeung, an de Kontext setze vun deem Eng-Millioun-Awunnerstat, dee mer ustriewen. An ech héieren hei, vu menger grénger Säit hei lénks, schonn e bësse Gegrommels. Woubäi dës Regierung a virun allem déi gréng Ministere jo awer alles maachen, fir an enger nach ni gekannter Vitesse wëllen op deen Eng-Millioun-Awunnerstat hinzesteieren.

Ech mengen, datt mer am Ableck scho Problemer hu mat der Waasserversuergung, der Knappheet. Mir hunn dat alleguer elo festgestallt. Wann et eng Woch waarm ass hei zu Lëtzebuerg, dann hu mer och schonn hei zu Lëtzebuerg Problemer mat der Waasserversuergung. Och wann de Pro-Kapp-Verbrauch vum Waasser zréckgaangen ass, esou ass dach global gesinn de Waasserverbrauch an d'Luucht gaangen.

An duerfir muss ee sech d'Fro stellen: „Wa mer als Land weider esou wuessen, ekonomesch an och wat d'Populatioun ubelaangt, wou gi mer an 10, 20, 30, 40 Joer dat Waasser sichen?" An ech wier frou, wann d'Madamm Minister, Här President, eis dorobber kéint eng Äntwert ginn, ob d'Regierung sech och Gedanke gemaach huet, wou mer dat Waasser siche ginn, wa mer eng Kéier bei enger Millioun Awunner ukommen.

Et ass schonn de Mëtten hei gesot ginn: Et gëtt haut scho geschwat vun Experten, datt mer dann aus der Musel missten Drénkwaasser maachen. Sécherlech ass dat haut méiglech, fir esou eppes ze maachen. Mä et muss ee sech awer d'Fro stellen, ob d'Lëtzebuerger wëllen esou wuessen, datt herno eng vun de Konsequenzen ass, datt mer d'Waasser vun der Musel musse propper maachen, fir kënnen ze drénken, an datt net méi, wéi dat an der Vergaangenheet war, eist natierlecht Waasser, wat propper ass, vun de Quellen, aus dem Stauséi, duergeet fir ze benotzen.

En Zweet ass d'Ofwaasser, d'Kläranlangen. D'Kläranlagen, mengen ech, wësse mer alleguer, datt mer an deene leschten 20, 30, 40 Joer ëmmer hei an dem Parlament diskutéiert hunn, an all Regierung, déi do war, huet e Maximum gemaach. Dat war wéi den Alex Bodry Ëmweltminister war, de Marco Schank an alleguer wéi se do waren. An ëmmer hu mer eis op d'Schëller geklappt, datt mer e Maximum géife maachen, fir d'Ofwaasser ze klären. Mam Resultat, datt mer nach ëmmer an dërselwechter Situatioun sinn an nach ëmmer en Nachholbedarf hunn, wou mer esou séier net wäerten nokommen.

An och wa mer esou weider wuessen - och wa mer esou weider wuessen! -, da wäert dee Problem och net geléist ginn. Da wäert dee Problem sech ëmmer erëm stellen, well dann eben dee Wuesstum, d'Konsequenze vun deem Wuesstum méi grouss si wéi dat, wat mer am Ableck amgaange sinn oder fäerdegbréngen, fir kënnen an déi Richtung ze investéieren.

Datselwecht ass mat den Iwwerschwemmungen. Ech hu mengem Virriedner, dem Kolleeg Gusty Graas, elo ganz gutt nogelauschtert, deen och vun den natierleche Waasserflëss geschwat huet. Mä et ass net nëmmen duerch de Klimawiessel, datt mer haut esou Iwwerschwemmungen hunn. Selbstverständlech, wa mer eng Katastroph hunn, wéi mer se am Iernzdall haten, dann ass dat eng Katastroph, déi mer eben hunn. Mä déi Katastrophen, et muss ee soen, et ass och net fir d'Éischt, datt mer esou eng hunn, wéi dat elo am Iernzdall war.

Där hate mer och schonn an de 50er Joren. Dat kann ech mech erënneren, datt där och scho waren. A wa mer hei ënnen an de Gronn ginn a mer kucken do d'Fassade vun de Maueren, da stoung d'Waasser scho virun honnert Joer dräi a véier Meter héich doënnen am Gronn; op der Eecher Plaz stoung et scho meterweis héich.

Dat heescht, dat ass och keen neie Moment. Et ass e Moment, dee sech periodesch widderhëlt. Woubäi ech awer kloer wëll soen, datt mer alles musse maache fir de Klimaschutz, fir dem Klimawandel ze begéinen. Ech wëll dat also net domadder klengrieden, mä et soll een awer elo net higoen a maachen, wéi wann dat doten en neie Phenomeen wär. Deen hu mer ëmmer kannt.

Da gëtt geschwat vun natierleche Waasserleef. Wann ech gesinn, wat mer hei an dësem Land am Ableck amgaange sinn zouzebëtonéieren; do ass dës Regierung Weltmeeschter dran. De Combel ass am Fong, datt mer ee Minister hunn, dee sech „Nohaltegkeetsminister" nennt. Dat richtegt Wuert wier, wann e géif Bëtongsminister heeschen, well esou vill, wéi momentan zoubëtonéiert gëtt hei am Land, ass nach ni gemaach ginn!

An, Kolleeg Gusty Graas, wa mer kucken, tëschent Beetebuerg an Diddeleng, do gëtt et geschwënn nëmme méi Bëtong. Do ass och eng Kéier eng natierlech Baach gelaf. Mir hunn heibannen alleguer den Terminal zu Beetebuerg gestëmmt. Mir hunn en och matgestëmmt. Mä wësse mer, wéi vill Hektaren datt do zoubëtonéiert ginn, wou d'Waasser herno sech konzentréiert? An dat ass och ee vun de grousse Problemer, dee mer hu bei den Iwwerschwemmungen, datt doduerch, datt mer intensiv...

Viru 50 Joer hate mer an den Uertschaften nach deelweis keng Kanalisatiounen, dann ass d'Waasser an d'Wise gelaf. Dunn hu mer alles kanaliséiert. Mir hu Collecteure gemaach. An haut, wann ee Wieder kënnt, dann ass bannent e puer Minutten dat Waasser konzentréiert an enger Baach. An dann ass dat normal, datt déi Baache méi séier Waasser kréien, méi konzentréiert Waasser kréien, an datt dann eben Iwwerschwemmunge kommen.

A wéi gesot: Mir bëtonéiere maximal zou am Ableck! Wéi gesot, wann een tëschent Beetebuerg an Diddeleng kucke geet - ech sinn nach de Moien derlaanschtgefuer -, wann een dee ganzen Terminal kuckt, wéi vill Hektaren hu mer do zoubëtonéiert! An dat Waasser leeft dann och net méi konzentréiert an eng Baach, well déi Baach ass mat zoubëtonéiert ginn, mä et leeft a Réier, wou et da weidergeleet gëtt...

(Brouhaha)

Ma sécher, et ass dach e groussen Deel... Et ass ëmgeluecht ginn. Et ass ëmgeluecht ginn hannen.

(Interruption)

Mä et ass och en Deel, deen ënner Réier...

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

Et leeft och een, Madamm...

(Interruption)

Et leeft och een Deel duerch Réier bei deem Site do. Also Dir braucht elo net hei ze maachen, wéi wann dat net esou wier! Et ass zoubëtonéiert ginn, an dat Waasser kënnt konzentréiert an déi Baachen zréck.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Gibéryen...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, ech hunn nëmmen zéng Minutten. Ech hunn nëmmen zéng Minutten!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Dir kritt déi selbstverständlech ugerechent!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Majo dann.

(Brouhaha)

Da kënnen d'Froe gestallt ginn. Da maache mer et esou, Här President.

(Brouhaha)

Déi leschte Kéier war et och esou, an herno hat ech awer keng Zäit!

Une voix.- Traut Der lech net, op eng Fro ze äntwerten?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech si gäre bereet, wa meng Riedezäit ofgelaf ass, datt Dir dann...

Une voix.- Ma déi gëtt jo gestoppt.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...mir all déi Zäit zur Verfügung stellt,...

Une voix.- Déi gëtt jo gestoppt.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...fir datt d'Kolleege kënne Froe stellen.

Une voix.- Da behaapt keng Saachen, déi net wouer sinn!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Et ass also...

(Brouhaha)

Kloer. Et ass dee stramme Wuesstum...

Une voix.- Behaapt näischt, wat net wouer ass!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Datt dee stramme Wuesstum och Konsequenzen huet...

(Brouhaha général)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Kolleegen!

(Brouhaha)

Kolleegen, och den Här Gibéryen. Eng Sekonn, eng Sekonn! Här Graas, Dir kritt nom Gibéryen selbstverständlech, nom Här Gibéryen selbstverständlech d'Wuert. Wann den Här Gibéryen léiwer hätt, dass dat duerno gemaach gëtt, da kritt Dir duerno d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Selbstverständlech.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- An entschëllegt fir „de Gibéryen".

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat mécht näischt, Här President.

Ech hätt duerfir d'Fro un d'Madamm Minister, ob se eis kéint soen, wéi d'Regierung aus der Siicht vun haut d'Waasserversuergung gesäit, wa mer weider esou wuessen, op eng Millioun Awunner higinn, wat do d'Konsequenze wieren, ob dat machbar ass, wou mer dat Waasser géifen hierhuelen. An och, wat dat am Beräich vum Ofwaasser als Konsequenzen huet. Dat géif jo och praktesch bedeiten, datt mer...

(Interruption)

Ech fannen, Här President, datt eis gréng Kolleege ferm nervös sinn. Also...

(Brouhaha)

Well mat deem Projet hei ginn natierlech d'Taxen, ech kommen elo drop ze schwätzen, méi deier. An do kënnt dat aalt Spréchwuert, datt Gréng deier gëtt. Dat gëtt hei erëm eng Kéier...

Une voix.- Ah!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Dat gëtt hei erëm eng Kéier confirméiert. Well wa mer mat dësem Gesetz, mat dësem Gesetz, wou jo och d'Gemengen engersäits manner u Subventioune kréie bei de Kläranlagen...

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift! Den Här Gibéryen huet elo d'Wuert a soss keen!

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...bei de Kläranlage manner Subventioune kréien, gegebenenfalls, wann an engem bestëmmten Delai net d'Prozeduren ugelaf sinn, och Strofe kënne

kréien, da gëtt hei gesot: „Ma da ginn déi Gemenge gestrooft!" Neen, d'Gemenge ginn net gestrooft, d'Leit aus deene Gemenge gi gestrooft! Well déi mussen déi Taxe bezuelen!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- An duerfir muss ee wëssen, datt dat heite bedeit, wa mer dat hei alles duerchzéien, datt d'Leit herno nach méi héich Waasser- an Ofwaassertaxen ze bezuele kréien. An da gëtt hei gesot, dat wier jo awer an deene Gemengen, déi e käschtendeckende Waasserpräis hunn, nogekuckt ginn, do wier jo och d'Allocation de vie chère deen Abléck ugepasst ginn. Mä nach laang net fir all Leit, déi haut Problemer hunn, fir de Gemengen hir Taxen an hir Rechnungen ze bezuelen, an et gëtt der ëmmer méi!

Et si jo genuch Buergermeeschteren heibannen, déi kënne jo emol mat hire Receveure schwätzen, wéi séier datt d'Leit haut hir Rechnungen op der Gemeng bezuelen a wéi séier datt se virun 20 Joer d'Rechnungen op der Gemeng bezuelt hunn. Et ass e gewaltegen Ënnerscheed entstanen, e gewaltegen Ënnerscheed entstanen! D'Leit hunn haut vill méi Problemer, déi héich Rechnungen, déi d'Gemengen ausstellen, ze bezuelen.

An duerfir geet et net méi duer, datt déi Leit, déi ënnert d'Konditioune vun der Allocation de vie chère falen, datt déi domadder gehollef kréien, mä dat geet haut wäit, wäit doriwwer eraus.

An duerfir proposéiere mir och, datt een net soll nëmmen iwwert de Wee vun der Allocation de vie chère déi Leit kompenséieren, mä datt ee soll e progressiv gestaffelte Waasserpräis aféieren, wou en d'Grondbasis, wat eng Famill, wat eng Persoun brauch, datt een - mir schwätzen do vun 30 Fudder pro Persoun - soll gratis d'Waasser ginn, well dat ass dat, wat all Mënsch brauch.

An duerno soll et natierlech eng Progressioun ginn, fir datt global gesinn de käschtendeckende Präis erauskënnt. A Leit, déi ebe wëlle Waasser verschwenden oder fir Luxussaache Waasser brauchen, mussen ebe méi en héije Präis bezuelen. Well elo muss am Kader vum käschtendeckende Prinzip och dee Klengen hëllefen, d'Vergeudung an d'Verschwendung an de Luxus vum Waasser matzefinanzéieren.

Duerfir, Här President, wann ee kuckt, wat hei geschwat gëtt a wat d'Realitéit ass! D'Realitéit ass, datt dës Regierung weiderfiert, fir de stramme Wuesstum maximal ze maachen, d'Land zoubëtonéiert, mat all sengen negative Konsequenzen. Mam Resultat dann, datt herno deen eenzelne Bierger muss fir déi onverantwortlech Politik opkommen duerch méi héich Steieren an Taxen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Wann den Här Graas...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, ech stinn awer elo, wann Dir wëllt, nach gär fir Froen zur Verfügung.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ah jo, Dir hutt bäigeléiert, Dir hutt lech net gesat. Här Graas, wann ech gelift!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Et ass jo net Usus, hei ze kommentéieren iwwert dat, wat ee Riedner gesot huet, soss kéint ee munches hei soen. Dat maachen ech dann eben net. Ech hunn dem Här Gibéryen dann awer zwou Froen ze stellen.

Déi éischt, ob e sech dann awer bewosst ass - Dir hutt elo ugeschwat, zwësche Beetebuerg an Diddeleng, dat ass eng Géigend, déi mer net ganz onbekannt ass, wéi wann do elo wierklech praktesch alles haart verbaut gi wier -, ass em dann awer bekannt, datt grad do an der Industriezon, wéi den CFL Multimodal amenagéiert ginn ass, datt grad do d'Diddelenger Baach, déi effektiv an engem ganz schlechten Zoustand ass an déi sech do och praktesch duerch Réier muss schlängelen, datt awer do e ganz flotte Projet vu Renaturéierung amenagéiert ginn ass?

An zweetens, ass dem Här Gibéryen dann awer och bekannt, datt eng Gemeng, déi mir och net onbekannt ass, un engem ganz seriöe Projet schafft, fir zum Beispill d'Uelzecht ze renaturéieren, wou se scho ganz vill engagéiert huet, wat derzou soll bäidroen, datt eben déi Gewässer solle méi naturno fléissen, an datt dat och e positiven Impakt op d'Iwwerschwemmungszon huet?

Duerfir géif ech mengen, an Ären Aussoen hei sollt Der lech vläicht e bësse bremsen, well Der hei Saache behaapt, déi der Realitéit net onbedéngt entspriechen.

Une voix.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, ech weess net, wéi den Här Graas mer do nogelauschtert huet.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ganz gutt.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech hu ganz kloer gesot...

M. Gusty Graas *(DP)*.- Ganz gutt hunn ech lech nogelauschtert!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech hu ganz kloer gesot hei, datt, wa mer weiderfueren, esou zouzebëtonéieren, da kréie mer hannendru Problemer mat dem Waasser, well et da konzentréiert an d'Baach geet. A wa mer tëschent Beetebuerg an Diddeleng...

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

Esou vill, ma... Ma Dir hutt d'Camionen op der Strooss!

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

Also doriwwer... Duerch den Terminal, sidd dach emol éierlech, hu mer méi Camionen op der Strooss, net manner!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Et sinn net esou vill Camionen op der Strooss...

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Neen. A Frankräich, awer net hei zu Lëtzebuerg! Hei zu Lëtzebuerg hu mer se vu Stengefort...

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

Ma da musst Der awer wëssen, hei zu Lëtzebuerg hu mer vu Stengefort...

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- ...Här Gibéryen, awer just net virun Ärer Dier!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...bis op Diddeleng méi Camionen op der Strooss duerch den Terminal. An da luede mer se op den Zuch op. An duerch Frankräich fueren der manner. Awer hei zu Lëtzebuerg hu mer méi Camionen op der Strooss!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Mir kucken net nëmmen eisen Trottoir.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Da sidd dach awer emol ganz éierlech!

(Interruption et coups de cloche de la présidence)

Méi Camione vu Stengefort bis op Diddeleng...

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Denkt emol global!

M. Gusty Graas *(DP)*.- Dir sidd also dergéint, datt den Zuch soll méi Wueren transportéieren an Zukunft?

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Denkt emol méi wäit wéi Är Nues!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wa mer zoubëtonéieren, ass dat, wat ech gesot hunn, richteg. Da kënnt dat Waasser konzentréiert an d'Baachen. A wat mer méi zoubëtonéieren, wat méi grouss Masse konzentréiert an d'Baache kommen. Da kënne mer renaturéieren, mä mir packen dat ni. A mir mierken, datt mat deenen Iwwerschwemmungen d'Waasser konzentréiert kënnt, an dat Waasser räisst och, dat huet d'Erfahrung och matginn, op deene Plazen.

Och bei eis an der Gemeng ass renaturéiert ginn am Kader vun der Autobunn. A wa mer haut kucken, do, wou déi grouss Kanäl erauskommen, do rappt d'Baach, wann eben en déckt Wieder kënnt, erëm alles mat, an dann huet d'Renaturéierung och do erëm net méi am Detail fonctionnéiert, esou wéi se geplangt war. Et ass also, Här President, net, wéi verschidde Leit hei an hirer Nervositéit mengen, datt ech iergendwéi eppes falsch gesot hätt, mä si sinn nervös, datt se hei eppes aneschters schwätzen, wéi se um lokale Plang decidéieren.

M. Gusty Graas *(DP)*.- Si si guer net nervös, mä si wëllen eppes richtegstellen, well Leit hei Saache behaapten, déi net stëmmen.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou, an elo huet den Här David Wagner d'Wuert.

(Interruptions par Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter)

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Iwwerdreift elo och net!

Merci, Här President.

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

Merci, Madamm Lorsché. Jo, waart of!

Une voix.- En ass nach e bësse jonk derfir.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sidd fein mateneen!

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

Sidd fein mateneen!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Mir sinn ëmmer fein mateneen. Här President,

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Soss muss ech lech an de Büro ruffen.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Ech sinn dat gewinnt, Här President, an de Büro geruff ze ginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Neen, net Dir.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Ah! Ah sou. Zur Ofwiesslung een aneren.

Här President, mir hunn eis innerhalb vun eiser Sensibilitéit, well mer eng Sensibilitéit sinn...

(Interruptions)

Mir hunn net gestridden, mir hu vill doriwwer diskutéiert, iwwert dëse Projet de loi, an eis laang d'Fro gestallt, wéi mer eis misste par rapport zu dësem Projet de loi verhalen, well e wichteg ass. En ass awer och ganz vast.

Eng Partie Punkte kann een och an eisen Aen als positiv betruechten, well et kann een éierlecherweis a fairerweis net behaapten, datt dëse Projet de loi u sech schlecht wier. Also, déi Punkte sinn och schonn opgezielt ginn, wat d'Verbesserung vun der Definéierung ugeet vun de Schutzzonen, de Bau vu Kläranlagen, vu biologesche Kläranlagen. Och d'Erhéijung vum Subventiounssystem bei Renaturéierung y compris dann och nach, wat elo physesch a moralesch Persoune wäert ugoen. Och d'Ënnerstëtzung, wat Héichwaasser ugeet. Iwwert d'Héichwaasser misst een och nach méi vast diskutéieren. Dat maachen ech nach um Enn vun dëser Interventioun.

Da sollen och d'Infrastrukturaarbechte fir den Assainissement an den Approvisionnement genausou wéi d'Mise en place vun de Zones de protection eng Utilité publique kréien. Dat ass u sech och positiv. Mir mengen awer och, datt mer net laanscht eng Reform vum Gesetz iwwert d'Utilité publique vun 1979 kommen. Dat ass natierlech elo net an dëser Gesetzgebung virgesinn, mä dat géif natierlech och eng ganz Partie aner Problemer, deemno wéi, léisen, ënner anerem och, wat de Logement ugeet oder wat de Kampf géint Baulandspekulatioun ugeet, andeems een och d'Fro vun der Expropriatioun kéint renforcéieren.

Aus deenen Ursaachen, déi mir och als positiv aschätzen an dësem Projet de loi, wäerte mir och net géint dëse Projet de loi stëmmen. Mir gesinn awer och eng Rei Schwieregkeeten, déi eis och net wäerten erlaben, deem Projet de loi eis Zoustëmmung ze ginn.

Do dierft Der och «très bien» soen. Mir hunn...

Une voix.- Très bien!

(Interruptions et hilarité)

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Ech hunn drop gewaart.

(Interruption)

Mir hunn eng Partie Schwieregkeeten domadder, datt, wéi de Fransous géif soen, de Pol ausgedoe gëtt, fir de Pier unzedoen, well am Géigenzuch och déi Subventiounen, déi den Assainissement betreffen, erofgesat ginn. An an eisen Aen ass dat och e klenge Problem, well d'Gemengen dann awer och dorënner wäerte leiden, wat d'Subventiounen ugeet fir d'Infrastrukturaarbechten an den Assainissement.

An da komme mer och bei dee Problem, an dat ass de globale Problem, iwwert deen och hei elo scho geschwat ginn ass an dee sech och an dee ganz Projet de loi abett, et ass eng Modifizéierung vun 2008: Dat ass de Problem vum Käschtendeckungsprinzip, mat deem mir prinzipiell net averstane sinn. A wat jo och erkläert zum groussen Deel, firwat mer och, trotz Verbesserungen, net mat dësem Projet de loi kënnen averstane sinn.

Well mir kommen net derlaanscht ze soen, datt dat op Dauer och derzou féiert, datt d'Gemengen an d'Syndikater hir Präisser eropsetze wäerten. Wéi Dir et vläicht wësst, menge mir, datt dee Käschtendeckungsprinzip weder ëmweltfrëndlech ass nach eng sozial Léisung duerstellt. Dee Prinzip ass vun der viregter Regierung schonn agefouert ginn a sollt sech an der Logik vum Pollueur-payeur areien. Et ass och nach méi wäit gaangen, well en huet sech och nach agereit an der Logik vum Utilisateur-payeur. A mir mengen awer och net, datt de Pollueur an den Utilisateur kënne gläichgesat ginn.

D'Unhänger vum Käschtendeckungsprinzip behaapten, et géif d'Leit derzou motivéieren, manner Waasser ze verbëtzen, well se dann och dee sougenannten „reelle Präis" vum Waasser bezuelen. Dat wier dann och an deem Fall eng ëmweltpolitesch Moossnam. Wann een hinnen awer entgéintsetzt, datt méi kleng Revenuen dovunner méi staark betraff sinn, da kritt een als Äntwert, an dat ass jo och schonn hei gesot ginn: „Maja, dofir kënnen och déi finanziell Mannerbemëttelt bei den Office social reesen an eng Allocation de vie chère ufroen." Dëser Logik kënne mir net zoustëmmen.

Éischtens schonn nëmmen, well et eng Fro vun der Dignitéit ass. Esou eng Approche ass net nëmmen erofloossend géintiwwer Leit, déi finanziell manner gutt dru sinn - an, et ass scho gesot ginn, där ginn et der ëmmer méi, an dat heescht en plus och net onbedéngt, datt ee wierklech ganz ënnen op der Échelle sociale ass -, si verhënnert och u sech eng global Gerechtegkeetspolitik ze maachen doduerch, datt esou eng Almosepolitik bedriwwe gëtt. Dat ass jo och e Problem, dee mer an der Logementspolitik gesinn.

An d'Unhänger vum Käschtendeckungsprinzip, déi soe jo och gären, an dat ass och schonn hei gesot ginn, an dat hunn ech och ganz oft héieren zanter Joren: „Ëmweltpolitik mécht ee mat Ëmweltmoossnamen, Sozialpolitik mécht ee mat Sozialmoossnamen." Dat heescht, all Beräich gehéiert propper vunenee getrennt. An dat ass net richteg. Dat ass eng Haltung, déi engstirneg ass an déi eng global Approche vu soziale Froe verweigert, déi verbonne si mat Ëmweltfroen, mat ökonomesche Froen a mat politesche Froen.

An dat ass grad dat, wat Enn 70er Joren, ufanks 80er Joren eis déi politesch Ekologie bäigeléiert huet, déi, am Géigesaz zum grénge Kapitalismus, eis jo beléiert huet, datt een déi Trennung op kee Fall dierft maachen. Wann d'Waasser traitéiert soll ginn, also gebotzt soll ginn, dann huet dat e Käschtepunkt souwuel um Niveau vun den Infrastrukture wéi och, wat de mënschlechen Opwand ugeet. Firwat muss d'Waasser gebotzt ginn? Zum groussen Deel wéinst de Mikropolluante respektiv och Nitraten, déi och zum groussen Deel vun der Industrie produzéiert ginn, sief et déi landwirtschaftlech wéi déi konventionell Industrie, direkt oder indirekt. Dat dréit natierlech zu der Erhéijung vum Käschtepunkt vum Waasser staark bäi.

E Käschtepunkt, deen d'Gemenge mussen iwwerhuelen an dee sech dann duerno schlussendlech och beim Bierger repercutéiert, dee folglech, duerch de Käschtendeckungsprinzip, d'Pollutioun, déi duerch d'Industrie direkt oder indirekt produzéiert gëtt, matbezuele muss.

Et gëtt awer eng Léisung, déi souwuel ekologesch ass wéi och gerecht an déi souwuel och mat a Kaf hëlt, datt d'Waasser engersäits eng Ressource ass, op déi kee Mënsch verzichte kann, an anersäits dat proppert Waasser natierlech e Käschtepunkt huet.

Ech si frou, datt mäi Virriedner elo grad, den Här Gibéryen, eng Mesure vun engem gestaffelte Waasserpräis nommëiert huet. Ech wousst net, datt d'ADR dës Propositioun hätt. Mir verteidege se scho säit Joren, mir mengen tatsächlech, datt de gestaffelte Waasserpräis eng Mesure wier, déi ee weiderhi misst applizéieren an iwwert déi ee misst ganz staark iwwerleeën. Mir hunn och Motiounen an de Gemengeréit dozou als déi Lénk deposéiert; an deene Gemengeréit, wou mer waren.

Et ass scho gesot ginn: dräi Stufen. Eng Stuf, fir wierklech de Waasserverbrauch, deen ee wierklech brauch fir ze kachen, fir déi kierperlech Hygien, datt dee gratis ass, datt dann iwwerhaapt kee muss fir dat Recht op Waasser opkommen, wat jiddwereen, all Mënsch muss hunn, op dat kee Mënsch, keen Déier, souguer keng Planz ka verzichten. Dat elementaart Recht op Waasser, fir iwwerhaapt ze iwwerliewen, datt een dat gratis mécht. Et ass e bësse wéi d'Loft. Et kéint ee sech jo och bal virstellen, deemno wéi, well d'Loft ass jo och polluéiert, datt een och duerno iergendeng Kéier misst esou wäit goen - an ech fäerten, datt mer vläicht eng Kéier esou wäit kommen -, datt een dat och vläicht nach misst bezuelen.

(Interruption)

Indirekt hu mer dat scho bal.

Déi zweet Stuf: Ab 50 Liter, dat ass deen normale Waasserverbrauch, datt deen och zum normale Käschtepräis misst kommen. An ech soen och natierlech dann, datt de Luxuskonsum, fir den Auto all Woch ze botzen an d'Piscine an esou weider, duebel facturéiert gëtt. Dat ass eng ekologesch Mesure, well d'Bewosstsäin, fir net ze verbëtzen, gestäerkt gëtt an déi Leit, déi bewosst mam Waasser ëmginn, och nach derfir - tëschent Guillemeten - „belount" ginn. Anersäits mussen d'Verbëtzer, déi jo meeschtens och méi verdéngen, eendeiteg méi fir de Waasserverbrauch opkommen a ginn op eng gewëssen Aart a Weis dann och derfir bestrooft.

Et soll kee kommen a soen, dës Mesure wier irrealistesch, well, ech mengen, souguer mir als déi Lénk sinn net déi Eenzeg, déi dës Meenung vertrieden, bäi Wäitem net. A si ass och technesch machbar, quitte datt au cas par cas, vu

Gemeng zu Gemeng, do den néidegen Invest misst néideg sinn.

Schlussendlech wollt ech nach e puer Wuert zur Qualitéit vum Buedem verléieren. Ech mengen, mir wäerten nach weiderhin doriwwer diskutéieren an engem anere Projet de loi, mä Iwwerschwemmungen hu mat der Qualitéit vum Buedem ze dinn. A Westeuropa a wahrscheinlech och nach op anere Plaze vun der Welt, wahrscheinlech och an Nordamerika, mä wahrscheinlech och nach op villen anere Plazen, déi staark industrialiséiert sinn, hu mer jo de Problem, datt duerch déi intensiv an industriell gepräägte Landwirtschaft de Buedem souzesoen doutgemaach ginn ass oder net méi esou richteg lieweg ass, wéi e misst sinn.

Et huet mat Pestiziden ze dinn. Et huet och mat engem iwwerdriwwene Plouen ze dinn, wat de Buedem manner lëfteg mécht. Et muss ee wëssen, datt net nëmmen d'Beien ausstierwen, mä och d'Wierm ausstierwen. An d'Wierm, déi hu jo eng Funktioun. Ënner anerem besteet hir Funktioun doranner, fir de Buedem méi lëfteg ze maachen, wat derzou féiert, datt de Buedem d'Waasser op eng natierlech Aart a Weis kann opfänken, wat ëmmer manner de Fall ass a wat zu engem Deel oder zu engem groussen Deel deemno wéi och zu Iwwerschwemmunge ka féieren.

Ech mengen, mir kommen och net derlaanscht, fir dann eben och iwwert d'Landwirtschaft ze schwätzen, iwwer eng aner Politik, déi ewechkënnt vun der industrieller Logik, déi souwuel d'Ëmwelt, de Mënsch, deen och e Konsument ass, wéi och de Bauer selwer op Dauer wäert schiedegen.

Voilà! Wéi scho virdrun ugekënnegt, mir wäerten eis aus deenen Ursaache bei dësem Projet de loi enthalen.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo d'Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

Prise de position du Gouvernement

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéierten, d'Waasser huet haut Prioritéit an dëser Regierung. An ech si frou, dass mer haut dëse Projet de loi hei an der Chamber debattéieren. An ech soen als Alleréischt dem Rapporteur, dem Gérard Anzia, e grousse Merci fir säi vollstännege schréftlechen a mëndleche Rapport. Da wëll ech awer och de Virriedner e grousse Merci soe fir hir Bäiträg zur Diskussioun, well ech mengen, dass mer an dëser Diskussioun gesinn hunn, dass mer eis alleguerten eens sinn, dass eist Waasser besser schützen, fir och an Zukunft alle Leit hei zu Lëtzebuerg proppert Drénkwaasser ze garantéieren an eng gutt Liewensqualitéit mat engem intakte Liewensraum, och am Waasser, eng Prioritéit ass. An déi wëlle mer mat dësem Gesetzesprojet och ganz däitlech maachen.

Nach ni gouf hei a Lëtzebuerg esou vill Geld an de Beräich vum Waasser gestach, souwuel - an dat wëll ech nach eng Kéier betounen - vu staatlecher Säit, wou mer d'lescht Joer iwwer 80 Milliounen Euro an d'Waasserinfrastrukture gestach hunn, wéi awer och vu Gemengesäit, wou ech eng gewëssen Dynamik gesinn a wou ech gesinn, dass mer gutt ënnerwee sinn, déi enorm Retarden, déi mer haten, opzehuelen. An dëst Gesetz soll eis derbäi hëllefen, den haitege Bedürfnisser Rechnung ze droen an den zukünftege Generatioune proppert Waasser ze garantéieren.

Méi präventive Schutz, méi zilorientéiert, mat méi Akteure fir méi a bessere Waasserschutz: Dat waren d'Prämissen, wéi mer un dësem Text geschafft hunn. An ech wëll heimat eng Kéier menge Mataarbechter, déi schonn dee ganze Mëtteg nolauschteren an déi virun allem dat heite virbereet hunn, e ganz grousse Merci soen.

Une voix.- Aah!

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- De Finanzement ass eropgesat ginn. An domadder kommen ech zum Kärstéck vun dësem Gesetz: Dat ass d'Ëmorientéierung vun de Subsiden. Mir hu véier Moossnamen eropgesat, déi mer als immens néideg empfonnt hunn an déi all dem präventive Charakter vum Waasserschutz entspriechen: sief et dem Drénkwaasserschutz, sief et am Héichwaasserschutz, sief et fir méi modern ze ginn, dat heescht d'Frais-d'étuden, sief et fir d'Renaturéierungen, de Schutz vum Liewensraum. Dat hu mer alles eropgesat.

Mir hunn nei Subsiden, déi mer aféieren, wa mer regional zesummeschaffen, grad ebe fir dem Klimawandel entgéintzekommen. Mir hunn nei Subsiden, déi mer aféieren, wann et drëm geet, Recherche ze maachen a Pilotprojete mat der Landwirtschaft. D'Landwirtschaft gëtt endlech eligibel. Déi, déi um Terrain schaffen, ginn endlech eligibel. An ech mengen, dat huet jiddwereen hei begréisst. An doriwwer sinn ech perséinlech immens frou, well mer a ville Punkte Konsens hunn.

Mir hunn ee Punkt, do fanne mer heibanne kee Konsens. Dat fannen ech immens traureg, well mer hei mat ganz villen alternative Fakten operéieren. Mir befannen eis an engem Beräich... All déi Beräicher, déi ech elo genannt hunn, do kréien d'Gemenge kee Geld eran. Wann Dir e Problem hutt duerch Héichwaasser, da kréien d'Gemenge fir dee Volet kee Geld eran.

An ech mengen, wa mer eis awer am Ofwaasserberäich befannen, dat ass genau dee Beräich, wou mer och vum Käschtendeckungsprinzip schwätzen, da si mer hei net nëmmen an engem Beräich, wou mer enorm Retarden hunn, wou d'Fakten eis scho weisen, dass 90% näischt gehollef hunn, dass 75% näischt gehollef hunn. Elo gi mer hei vu 65% op 50% erof, wat wesentlech méi dem Käschtendeckungsprinzip gläichkënnt a wou Der gesitt, wann Der éierlech sidd a wann Der an eis Nopeschlänner kuckt, wou et déi Subside vum Stat net méi gëtt oder nëmmen nach ganz geréng gëtt, dass mer hei op héijem Niveau kloen. Dat musse mer eis agestoen, wa mer éierlech sinn a wa mer ausserdeem zum Käschtendeckungsprinzp stinn.

Da wëll ech awer och nach betounen, an den Här Kaes hat mer gesot: „Ma wa mer dann all eis éischt Anlage gemaach hätten!" Jo, am Land gëtt et nach am Moment 107 mechanesch Kläranlagen. 107, déi mussen ersat ginn duerch 97 Projeten, vun deenen der 67 Vergréisserunge sinn an de Rescht sinn nei Anlagen.

Soll ech Iech soen, wivill Projeten à ce stade nach net dobanne sinn? Vum Neibau sinn nach genau véier Projeten net dobannen a vum Ausbau 20. Vu 97 Projeten! D'Gemengen hunn - an dat ass e Fakt, an dofir soen ech hinne Merci - an deene leschte Jore massiv Projeten eraginn! An elo rezent - ech mengen, virgëschter oder esou -, de 26./27.06. ass nach e ganze Camion voller Projeten erakomm.

An dat ass déi Dynamik, déi mer brauchen! Domadder erreeche mer eppes! Mir setzen eppes viraus a mir loossen déi Gemengen, déi mat deene 24 Projeten, déi elo nach net eragereecht gi sinn, net am Ree stoen. Neen! Déi Projete kënnen nach bis den 1.1.2018 eragereecht ginn. Also, gitt Iech drun! An dann hu mer jo och nach 24 Méint Zäit, fir dass mer ëmsetzen. Wann dat dann net e gutt Angebot ass, fir op där enger Säit ze soen: „Jo, mir musse responsabel sinn", an op där anerer Säit gi mer Iech nach e bëssen Zäit, fir dass mer aus der Inaktioun an d'Aktioun kommen, fir dass d'Leit och an Zukunft hei proppert Waasser hunn. Ma genau dat ass dat, wat mir wollten a wat ech mat dësem Projet hei bezwecken.

Dëse Stat investéiert an deenen nächste Joren ongeféier 1,1 Milliarden an d'Waasser. An dat ass richteg esou! An dat wëlle mer och esou, fir dass mer künfteg gutt Waasser hunn!

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement.*- Komme mer bei d'Drénkwaasserschutzzonen. Jorelaang gouf driwwer geschwat. Jorelaang gouf iwwert de Präis geschwat, net iwwert d'Qualitéit. Ech soen dem Henri Kox e grousse Merci, dass en eng Kéier d'Relatioun gemaach huet tëschent dem Waasserpräis an deem, wat wierklech wichteg ass, dass mer kënnen och an Zukunft de Krunn opdréien an de Leit hei zu Lëtzebuerg zu engem wierkleche gerénge Präis, wa mer am Wuerekuerf kucken - wat waren et?, 1,04% -, majo, dass mer de Leit nach kënnen, wa se de Krunn opdréien, proppert Waasser ginn. An dofir setze mer eis an!

Siwen nei Schutzzone kommen elo nach dëse Summer. Dann hu mer am Summer 12 Schutzzonen, déi do sinn. 13 sinn der nach d'lescht Joer duerch de Regierungsrot gaangen. A verschidde Kolleege wëssen et: Mir haten déi éischt ëffentlech Veranstaltung och schonn, wou mer ganz vill Leit do haten. An ech mengen, dat ass et: partnerschaftlech e Problem aktiv ugoen. Dat ass am Geescht vun dësem Gesetz; net jorelaang iwwer e Präis debattéieren. Neen, kommt, mir suergen och an Zukunft derfir, dass d'Zonen ausgewise sinn, dass d'Landwirtschaft hiert Geld kritt, déi, déi um Terrain schaffen, hiert Geld kréien! An da kréie mer och d'Drénkwaasser ofgeséchert.

An da ginn ech op dem Här Gibéryen seng Fro an. Mir wëllen net den Eng-Millioune-Stat, mä mir gesinn, dass e Wuesstum do ass. An dës Regierung agéiert endlech emol verantwortungsvoll an der Planung. Ech kann Iech och soen: Mir hunn eng Etüd um Lafen, wou mer net nëmme soen, wat geschitt, mä wou mer eis Spuerstrategië ginn, wou mer elo duerch den Drénkwaasserschutz och net mussen, wéi et à ce stade ass, siwe bis zéng Prozent aus der Produktioun huelen.

Am Moment huet Lëtzebuerg fir 50.000 Awunner Waasser aus der Produktioun, well mer net opgepasst hunn, wat aner Akteuren um Terrain maachen. Dat heescht, mir hu misse Waasser aus der Produktioun huelen. Majo, wa mer wëllen och fir d'Zukunft ofsécheren, da musse mer: éischtens schützen, zweetens, eng Spuerstrategie an natierlech och Alternativen undenken. Mä dat ass Zukunftsmusek. An do si mer amgaangen, eng konkret Etüd och ze maachen, déi ech Iech gären zur gegebener Zäit dann och wäert virstellen.

Dann d'Kläranlagen. Ma natierlech plange mer do vir. Eng Kläranlag, an dat wëssen déi Gemengeresponsabel, déi sech domadder vill beschäftegen, do rechne mir op 25 plus dräi Joer. Et ass also net esou, wéi wann dat ongeplangt wär, mä et muss een awer och d'Saachen ëmsetzen. Et däerf een net nëmmen driwwer diskutéieren. An do si mer frou, dass mer mëttlerweil och mat Projeten an Drénkwaasserschutzgebidder aktiv sinn, wéi der LAKU, wou awer dëst Joer iwwer 450.000 Euro an d'Uewersauergebitt komm sinn, fir geziilt mat der Landwirtschaft, mam Naturpark a mam Waasserfournisseur Projeten op d'Been ze stellen, fir Alternativen ze ginn, fir Visiounen ze ginn, wat een an engem Drénkwaasserschutzgebitt nach ka maachen.

An ech si frou, dass d'Kommissioun eisem Avis och do nogaangen ass, dass mer net de falsche Message erausschécken, dass mer alles d'utilité publique maachen, well mir wëlle mat der Landwirtschaft an den Drénkwaasserschutzzone schaffen. Dat si ganz wichteg Punkten.

An ech mengen, da komme mer och dorobber, dass mer richtegstellen, wat hei deelweis ebe Falsches och gesot gouf am Beräich vun den Taxen. D'Taxe fir d'Bierger ginn doduerch, dass een ee Punkt erofsetzt, net erop, well de Waasserpräis ass bei 100% vun de Käschten errechent.

Natierlech mussen d'Gemengen dann dat Geld, wat se erakréie vun hire Bierger iwwert de Waasserpräis, och fir Waasserprojeten asetzen - an dat ass den Challenge -, an net fir aner Projeten. An ech mengen, dat ass awer eppes, wou déi Gemengeresponsabel, déi sech hirer Verantwortung bewosst sinn, matginn a wou déi och wëssen, dass mer e Recht hunn, dass, wann eppes duerch de Waasserpräis erakënnt, een dat och a Waasserinfrastrukture kann investéieren.

Bon. Ech soen nach eng Kéier alle Virriedner e ganz grousse Merci. Ech denken, dass dëst Gesetz e grousse Schrëtt ass a Richtung Ëmsetzung vun deem, wat sech dës Regierung virgeholl huet, näämlech fir d'Zukunft eng gutt, besser Politik ze maachen.

An dann nach e Wuert zu den Autorisatiounen, well dat gouf jo och nach gefrot. Jo, mir investéieren net nëmme méi, mir maachen net nëmmen ee Reglement no deem aneren an e Gesetzesprojet. Neen, mir hunn och bei den Autorisatioune Leit bäikritt. Do hu mer haut duebel esou vill Leit dosëtze wéi an de Regierunge virdrun. An dofir si mer och frou. An dofir hoffe mer, dass mer esou schnell wéi méiglech alles, wat mer elo op de Wee bréngen, kënnen deblockéieren.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7047 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7047 et dispense du second vote constitutionnel

An ech fänke mat der Ofstëmmung un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

(Interruption)

31-mol Jo. Dat gëtt da wahrscheinlech 32, wa mer dem Här Bodry seng derbäischreiwen,...

M. Alex Bodry *(LSAP).*- Dajee alt.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- ... well d'Maschinn net geet. 32-mol Jo, 26-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Votum unzefroen?

(Assentiment)

Jo? Hunn ech Jo héieren? Jo, dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet 7106, e Protokoll, deen déi europäesch Konventioun iwwert d'Landschaften ofännert. An den Här Anzia ass scho prett, fir de Rapport ze maachen.

5. 7106 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant amendement à la Convention européenne sur les paysages, fait à Strasbourg le 15 juin 2016

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Gérard Anzia *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President. Ech probéieren, dat ganz schnell ze maachen. Et ass de Projet de loi 7106, wou mer u sech e Protokoll hunn, deen en Amendement mécht zu enger europäescher Konventioun, an zwar der Konventioun vu Florenz, wou et drëm geet, d'Landschaften ze schützen. De Protokoll oder d'Convention de Florence sollt eng Kooperatioun tëschent europäesche Länner, Partner hierstelle wat d'Gestioun, den Amenagement vun de Landschaften ugeet.

An do soll elo eng Erweiderung kommen. Déi Erweiderung ass dee Protokoll, deen hei virläit. Dat ass de Protokoll vu Stroossbuerg vum 15. Juni 2016, wou u sech déi Kooperatioun soll op Länner ausgedeent ginn, déi ausserhalb vun Europa sinn. Dat ass den Haaptpunkt vun dëser Konventioun.

Ganz kuerz: Den Depot war de 17. Januar dëst Joer. De Conseil d'État huet den 9. Mee säin Avis dozou ofginn, d'Chambre de Commerce den 8. Februar, wou jeeweils näischt weider derzou ze soe war. D'Kommissioun war de 17. Mee zesummen. Du sinn ech nominéiert ginn als Rapporteur. An de 14. Juni ass de Rapport ugeholl ginn, dee jo ganz, ganz kuerz ass.

An zwar ware keng Kommentarer vu jeeweils dem Conseil d'État nach der Chambre de Commerce. An et ass een Article unique, wou mer u sech opgefuerdert ginn, dann eben d'Approbatioun zum Protokoll vum Amendement vun der europäescher Konventioun zum Paysage hei ze ginn.

Ech mengen, dat wier dee ganze Rapport. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Voilà!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Kann ech dervun ausgoen, dass déi eenzel ageschriwwe Riedner just den Accord vun der Fraktioun wëlle ginn oder ass nach eppes ze soen?

Une voix.- An dem Rapporteur Merci soen.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Genau!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Voilà! Da géif ech dervun ausgoen, dass den Här Marco Schank, den Här Roger Negri, den Här Max Hahn, den Här Kartheiser ebenfalls an den Här David Wagner dem Rapporteur géife felicitéiere fir säin exzellente Rapport an den Accord vun hire Fraktiounen a Sensibilitéite bréngen.

Ass dat esou?